


de Gemengebuuet

Informationsblatt vun der Gemeng Lëntgen



Nr. 43 – September 2024

Impressum

Info-Blat Nr. 43 – September 2024

- Éditeur responsable : Collège échevinal
- Coordination : Laurent Schiltz
- Traductions : Laurent Schiltz
- Photos : Paul Provost
(Cover: Zännrieder bei der Cartonnerie)
- Layout : Otherwise
- Impression : Printing Ossa
- Distribution gratuite à tous les ménages de la commune
- Numéro ISSN : 2354-4775

Sommaire

Virwuert – Préface.....	3
Vereedegung – neie Conseiller / Assermentation – nouveau conseiller.....	5
Déi nei App / La nouvelle application de la commune de Lintgen.....	6
Visitt vum Ëmweltminister Serge Wilmes beim ZAMID.....	7
Éierung fir sportlech Resultater.....	7
Éierung vun den neigewielte Conseillere.....	8
Nationalfeierdag 2024.....	10
Fête Nationale 2024.....	11
Klimapaktworkshop.....	12
https://inondations.lu/	13
Visite vun der Renaturéierungszon vun der Uelzech zu Walfer a Steesel!.....	14
Fairen Handel an der Gemeng Lëntgen 2024.....	16
Actions Fairtrade à Lintgen en 2024.....	17
Big Band's a Mouschelt.....	18
Aktivitéite vun der Ëmweltkommissioun.....	20
Fundays 2024: Eine unvergessliche Kinderolympiade.....	22
Maison relais - Départ à la retraite.....	22
Action days 2024.....	23
Rallye pour les parents de la Maison Relais.....	24
Minerva Lëntgen gewënnt d'Coupe Guy Wagner.....	25
World-Music Concert.....	26
Porte Ouverte vun der Lëntgener Museksschoul.....	29
Aktivitéite Lëntgener Musek.....	30
Concert Mierscher Musek.....	31
Concert Militärmusek.....	32
Bëschfest a „Journée de rencontre et de l'amitié“.....	34
Fête Forestière et "Journée de rencontre et de l'amitié".....	36
Dëschtentnis-Tournoi.....	38
Retour sur la Réception Honorable du 22 Mars 2023.....	39
Lëntgen goes to Borgo Valsugana.....	40
Semeurs de Joie – Assemblée générale / Generalversammlung.....	42
Rousen fir 28 Gebuertsdayskanner.....	45
Dräifach Abschiedsfeier an der Par.....	46
Virun 100 Joer: Industriegebitt op der Haaptstrooss.....	48
Bericht der Gemeinderatsitzungen.....	68, 71, 75, 77, 81
Rapports résumés des décisions prises par le cons. communal.....	69, 73, 76, 79, 83
Syndicat d'Initiative Lintgen/Manifestationskalenner 2024-2025.....	86
Offall-Kalenner 2024.....	87

Administration communale de Lintgen

2, rue de Diekirch · L-7440 Lintgen

Heures d'ouverture:

Du lundi au vendredi de 8h30 à 12h00 et de 13h00 à 16h00
excepté jeudi après-midi de 13h00 à 19h00

Téléphone : 32 03 59-1 · Téléfax : 32 03 59-35

E-mail : commune@Lintgen.lu · www.Lintgen.lu

SECÉTARIAT

Yves WEYLAND · yves.weyland@Lintgen.lu 32 03 59-25

Isabelle STEINMETZ · isabelle.steinmetz@Lintgen.lu 32 03 59-34

Fax: 32 03 59-31

POPULATION, ÉTAT CIVIL

Sylvie MOLITOR · sylvie.molitor@Lintgen.lu 32 03 59-27

Carmen ANTHON · carmen.anthon@Lintgen.lu 32 03 59-20

RELATIONS PUBLIQUES

Laurent SCHILTZ · laurent.schiltz@Lintgen.lu 32 03 59-21

RECETTE

Thomy MULLER · thomy.muller@Lintgen.lu 32 03 59-22

Nathalie BIRCKEL · nathalie.birckel@Lintgen.lu 32 03 59-36

SERVICE TECHNIQUE

Joe MALGET, chef de service · joe.malget@Lintgen.lu 32 03 59-26

Fax service technique..... 32 03 59-30

Eric FIDLER, préposé atelier comm. · atelier@Lintgen.lu 32 03 59-95

Claudine KINN · claudine.kinn@Lintgen.lu 32 03 59-29

Nico SCHILTZ · nico.schiltz@Lintgen.lu 32 03 59-28

DISPENSARE 32 62 58

PRÉPOSÉ FORESTIER

Cédric FARINON 24 75 67 31

ASSISTANTE SOCIALE 32 58 20

PRESBYTÈRE de MERSCH 32 00 59

E-mail miersch@cathol.lu

MAISON RELAIS 32 03 59-70

Cycle 1 (Précoce & Préscolaire) 32 03 59-45

Fax 32 03 59-49

Cycle 2-4 (nouveau bâtiment) 32 03 59-58

Cycle 2-4 (bâtiment bleu) 32 03 59-63

VERÄINSHAUS (rue de l'Église) 32 83 15

FESTSALL « A MOUSCHELT » 26 32 01 25

HALL SPORTIF 32 86 82 / 26 33 09 22

SOINS À DOMICILE 33 76 62

REPAS SUR ROUES 26 55 00 54

CONSULTATION DU BOURGMESTRE

ET DES ÉCHEVINS 32 03 59-25



de Gemengebuet

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

**Den 13. Oktober 2024
feiere mir eisen nationale
Commémoratiounsdag.**

No méi wéi 10 Joer Besatzung ass de gréissten Deel vu Lëtzebuerg virun 80 Joer, den 10. September 1944, vun den alliierten Truppe befreit ginn. Trotz enger leschter verzweifelter Offensiv vun den Nazie vun Dezember 1944 bis Januar 1945, duerch déi verschidden Deeler vu Lëtzebuerg nees ënnert de Joch vun de Nazie gefall sinn, konnt d'Haaptstad net ageholl ginn. Veianen war déi läscht Stad déi den 12. Februar 1945 vun den Nazie befreit gouf.

All Joer erënneren eng sëlleg Gedenkzeremonien eis dru, wat zur Zäit vum 2. Weltkrich bei eis passéiert ass. Et ginn ëmmer manner Zäitzeie vun dëser Krichsgeneratiounen a mir sollen all deenen dankbar sinn, déi eist Land nom Krich erëm opgebaut hunn, an de Generatiounen duerno e bessert Liewen erméiglecht hunn. Mir liewen haut an engem Land vu grousser Perséinlechkeet, e Land wat international uerkannt ass a seng Plaz an Europa an an der Welt fonnt huet. Mir kënnen all houfreg op eist Land sinn.

Zur Geschicht vun eisem Land gehéiert och d'Immigratioun. Eist Land wär haut net do wou et ass, ouni déi vill Leit, déi hei am Land en neit Heem fonnt hunn a vu wäit hierkoum sinn. Si hunn sech integréiert a sinn zu engem feste Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ginn.

Momentan beschäftegen eis zwee bluddeg Kricher an der Ukrain an am noen Osten, déi Europa zesummegeschweest hunn. Ganz vill Leit hunn sech net nëmme mat hirem Land, mee och mat Europa identifizéiert. Dëse pro-europäesche Gedanke krut um Dag vun den Europawalen a vu verschiddenen Nationalwale leider ee groussen Dämpfer. Och wann et sech schonn e bëssen ugedeit huet, hat awer keen domat gerechent datt déi riets Parteien esou ee groussen Zoulaf kréie géifen. Ech hoffen datt all d'Europäer sech nees drun erënnere wat virun 80 Joer an Europa geschitt ass a sech besënnen, well ech fäerten datt soss den europäesche Gedanken net méi staark genuch ass an datt d'EU zesummebrécht. Mir wëllen eis Fräiheet an Onofhängegkeet behalen, mee mir mussen eis bewosst sinn datt mir ouni d'EU net dat wiere wat mir elo sinn, an dat d'äerfe Lëtzebuurger an och all d'Europäer ni vergiessen.

An enger Zäit an där ganz vill Flüchtlingen ee séchert Doheem fir sech selwer an hir Familljen an Europa an och a Lëtzebuerg sichen, sinn ech houfreg Buergermeeschter vun enger Gemeng ze sinn an där d'Bierger net nëmme solidaresch ënnert sech selwer sinn, mee och solidaresch vis-à-vis vun de Flüchtlingen an déi an hirer Noperschaft akzeptéieren, integréieren an esouguer bei sech selwer ophuelen.



Chères concitoyennes et chers concitoyens,

**Le 13 octobre 2024, nous
célébrerons la Journée de
commémoration nationale.**

Il y a 80 ans, le 10 septembre 1944, la majeure partie du Luxembourg a été libérée par les troupes alliées après plus de 10 ans d'occupation. Malgré une dernière offensive désespérée des nazis de décembre 1944 à janvier 1945, au cours de laquelle différentes parties du Luxembourg tombèrent

à nouveau sous leur joug, la capitale ne put être prise. Vianden fut la dernière ville à être libérée par les nazis le 12 février 1945.

Chaque année, de nombreuses commémorations rappellent ce qui nous est arrivé pendant la Seconde Guerre mondiale. Il y a de moins en moins de survivants de ces générations de guerre et nous devrions être reconnaissants envers tous ceux qui ont reconstruit notre pays après la guerre et ont permis aux générations suivantes une meilleure vie. Aujourd'hui, nous vivons dans un pays qui a une grande personnalité, un pays qui est reconnu internationalement et qui a trouvé sa place en Europe et dans le monde. Nous pouvons tous être fiers de notre pays.

L'immigration fait également partie de l'histoire de notre pays. Notre pays ne serait pas là où il est aujourd'hui sans les nombreuses personnes qui sont venues de loin et qui ont trouvé une nouvelle patrie dans ce pays. Ils se sont intégrés et sont devenus une partie intégrante de notre société.

Actuellement, nous sommes confrontés à deux guerres sanglantes en Ukraine et au Proche-Orient, qui ont unifié l'Europe. De nombreuses personnes se sont identifiées non seulement à leur pays, mais aussi à l'Europe. Malheureusement, cette pensée pro-européenne a reçu un grand coup le jour des élections européennes et de diverses élections législatives. Bien que cela ait déjà été suggéré, personne ne s'attendait à ce que les partis de droite reçoivent un tel afflux. J'espère que tous les Européens se souviendront de ce qui s'est passé en Europe il y a 80 ans et qu'ils reviendront à la raison, car je crains que sinon l'idée européenne ne soit plus assez forte et que l'UE ne s'effondre. Nous voulons préserver notre liberté et notre indépendance, mais nous devons être conscients que sans l'UE, nous ne serions pas ce que nous sommes aujourd'hui, et les Luxembourgeois et tous les Européens ne doivent jamais l'oublier.

À une époque où de nombreux réfugiés en Europe et aussi au Luxembourg cherchent un foyer sûr pour eux et leurs familles, je suis fier d'être le bourgmestre d'une commune où les citoyens sont non seulement solidaires entre eux, mais aussi envers les réfugiés et ceux de leur voisinage qui les accueillent, les intègrent et même les hébergent chez eux.



Ech si mir bewosst, datt déi lescht Joren net déi einfachst waren. Mir liewen an Zäite vu groussen Onsécherheeten an Erausforderungen. De Kampf géint d'Wunnengsnout, d'Präisdeierecht an de Klimawandel si just e puer vun den Erausforderungen déi eis an nächster Zäit an Otem hale wäerten, onofhängeg vun deem, wat soss nach op der Welt geschitt.

Et ass wichteg datt mir eis staark maache fir eng gesond Demokratie, fir eng sozial gerecht an durabel Ekonomie, fir eng Politik am Déngscht vun de Bierger, an et ass an engems e wichtegen Asaz géint Populismus a Radikalismus.

Eis Gesellschaft kann nëmme funktionéiere wa mir all zesumme stinn, wann een dem aneren hëlleft, wat och ëmmer seng Nationalitéit, seng Kultur, seng Relioun, seng Hautfaarf oder säi soziale Status ass!

Fir ofzeschléissen deelen ech iech nach mat datt mir een neie Conseiller bei eis an de Gemengerot kruten. Duerch d'Demissioun vum Christiane Haag ass de Marc Mathias nogerutscht. Ech wënschen dem Marc alles Guddes fir dës nei Erausforderung a freeë mech elo schonn op eng gutt Zesummenaarbecht.

Ech wënschen iech vill Freed beim Liese vun dësem Buet.

Louis Pinto, Buergermeeschter

Je suis conscient que ces dernières années n'ont pas été les plus faciles. Nous vivons une période de grande incertitude et de défis. La lutte contre la pénurie de logements, la hausse des prix et le changement climatique ne sont que quelques-uns des défis qui nous tiendront en haleine dans un avenir proche, indépendamment de ce qui se passe par ailleurs dans le monde.

Il est important que nous travaillions dur pour une démocratie saine, pour une économie socialement équitable et durable, pour une politique au service des citoyens, ce qui est en même temps un engagement important contre le populisme et le radicalisme.

Notre société ne peut fonctionner que si nous sommes tous solidaires, si nous nous aidons, indépendamment de notre nationalité, de notre culture, de notre religion, de notre couleur de la peau ou de notre statut social !

Pour terminer, je voudrais vous informer que nous avons accueilli un nouveau conseiller au sein du conseil communal. Suite à la démission de Christiane Haag, Marc Mathias a pris sa place. Je souhaite à Marc le meilleur pour ce nouveau défi et me réjouis d'ores et déjà d'une bonne collaboration.

Je vous souhaite une bonne lecture de ce bulletin communal.

Louis Pinto, bourgmestre



de Gemenggebuet

Vereedegung – neie Conseiller

No der Demissioun vun der Madamm Christiane Haag aus dem Gemengerot, gouf den Här Marc Mathias de 25. Juli 2024 vum Buergermeeschter Louis Pinto als neie Conseiller vereedegt.



Assermentation – nouveau conseiller

Suite à la démission de Madame Christiane Haag du conseil communal, le bourgmestre Louis Pinto a procédé le 25 juillet 2024 à l'assermentation de Monsieur Marc Mathias comme nouveau conseiller.

De neie Gemengerot / Le nouveau conseil communal

- Pinto Louis – Buergermeeschter / bourgmestre
- Herr Jeff, Toisul Jeannot – Schäffen / échevins
- Bisenius Anne Holm, Consbruck Jos, Decker Guy, Margue Charles, Marc Mathias, Robert Patrick, Schmalen Joël, Wagner Nathalie – Conseilleren / conseillers



Déi nei App vun der Gemeng Lëntgen

Zanter Enn Juni 2024 steet d'App „Lintgen“ vun der Gemeng Lëntgen jidderengem gratis zur Verfügung a ka souwuel am „App Store“ sou wéi bei „Google Play“ erofgeluede ginn.

Mat der App bleift Dir um neiste Stand an déi aktuell Noriichten a Beiträg ginn op der Startsäit vun der App ugewisen. Dës Noriichten a Beiträg, sou wéi den „E-Reider“ si mat der Homepage vun der Gemeng (www.lintgen.lu) verbonnen.

Eng praktesch Funktioun sinn d'Push-Notifikatiounen, wou een duerch eng Kuerznoriicht direkt iwwer Neiegkeeten informéiert gëtt.

Dës Weidere ginn déi nächst Manifestatioune publizéiert, déi een och a säin eegene Kalenner importéiere kann.

Am Modul „Déchets“, fann Dir sämtlech Terminer vun de Kollekte vum ganze Joer. Dir kritt den Dag virdrun owes eng Notifikatioun, dass eng Kollekt stattfënt. Sou wësst Dir wéi eng Poubelle Dir rausstelle musst.

Falls Dir d'Gemeng wëllt op eppes opmierksam maachen, da kënt Dir dat iwwert den Onglet „Report-it“ matdeelen.

Ënnert „Contact“ fann Dir d'Adress, d'Öffnungszäiten, d'E-Mail-Adress an d'Telefonsnummer vun der Gemeng sou wéi och Telefonsnummere vun den Dépannagen vum Waasser, Elektresch, Gas a Service technique.

Am „Annuaire“ gesitt Dir dat ganzt Gemengepersonal an déi politesch Verrieder, déi Dir dann direkt per Mail oder Telefon kontaktéiere kënt.

Zéckt also net fir déi nei App erofzelueden.

La nouvelle application de la commune de Lintgen

Depuis fin juin 2024, l'application « Lintgen » de la commune de Lintgen est disponible gratuitement pour tout le monde et peut être téléchargée aussi bien dans « App Store » que dans « Google Play ».

L'application vous permet de rester au courant de l'actualité et les dernières nouvelles sont affichées sur la page d'accueil de l'application. Ces actualités et nouvelles, tout comme le "E-Reider", sont reliées à la page d'accueil du site internet de la commune (www.lintgen.lu).

Grâce à la fonction de notifications push, vous serez directement informés des nouveautés via un message court.

En outre, les prochaines manifestations sont publiées et vous pouvez également les importer dans votre propre calendrier.


Dans le module « Déchets », vous trouverez toutes les dates des collectes de déchets pour toute l'année. Vous recevez la veille une notification vous informant qu'un ramassage aura lieu. Comme ça vous savez quelle poubelle vous devez sortir.

Si vous souhaitez attirer l'attention de la commune sur quelque chose, vous pouvez le signaler via l'onglet « Report-it ».

Sous « Contact », vous trouverez l'adresse, les heures d'ouverture, l'adresse e-mail et le numéro de téléphone de la commune ainsi que les numéros de permanence concernant l'eau, l'électricité, le gaz et le service technique.

Dans « Annuaire », tout le personnel communal et les représentants politiques sont énumérés, lesquels vous pouvez ensuite contacter directement par mail ou par téléphone.

N'hésitez donc pas à télécharger la nouvelle application.



Visitt vum Ëmweltminister Serge Wilmes beim ZAMID



Éierung fir sportlech Resultater



Beim European Karate Championship 2024 am Februar a Georgien, hunn d'Anna Breisch, d'Mia Reding an d'Sarah Rodrigo vum Karate Club Lëntgen an der Kategorie „Kata Team Cadet and Junior Female“ déi 5. Plaz erreicht. D'Anna Breisch ass och an der Kategorie Cadet Female op déi 5. Plaz komm. Fir hir gutt Leeschtungen ze honoréieren, goufen déi 3 Karatekaen den 22. Mee 2024 vun der Lëntgener Gemeng an der Sport- a Jugendkommissioun géiert.

Éierung vun den neigewielte Conseilleren

De 4. Mee 2024 krut, sou wéi et Traditioun zu Lëntgen ass, all neie Gemengerotsmember e Bam geplantz. D'Beem goufen zu Goussel laanscht d'Vëlospist gesat, mat musekalescher Begleedung vun der Fanfare vu Lëntgen. Well d'Wieder net ganz matgespillt huet an doduerch d'Usprooch vum Verrieder vum Syndicat d'Initiative Jean Ewen wuertwärtlech an d'Waasser gefall ass, fann Dir hei ënnendrënner d'Ried.

Nom offiziellen Deel haten d'Gemeng an déi nei Conseilleren op e Patt an e kleng Maufel an der Buvette an der Sportshal invitéiert. E grouse Merci un d'Lëntgener Musek an och un d'Membere vum FC Minerva Lëntgen, déi bei dëser Festivitéit gehollef hunn.



Ried vum Jean Ewen, Verrieder vum Syndicat d'Initiative

Gudde Mëtteg dir léif Leit alleguer,

Als Vize-President vum Syndicat d'Initiative vu Lëntgen ass et mir eng grouss Éier, haut e puer Wieder un iech däerfen ze riichten.

Fir d'éischt emol e groust Kompliment all deene Matbierger, déi sech bereet erkläert hunn, bei deene leschte Gemengewalen ze kandidéieren. An enger ëmmer méi individualiséierter Gesellschaft ass et guer net selbstverständlech, sech wëllen an den Déngscht vu senge Matmënschen ze stellen.

Felicitatiounen adresséieren ech am Numm vun alle Matbierger un all déi gewielte Membere vum Gemengerot, déi d'Supervioun an d'Gestioun vun eiser Gemeng an dëser Legislaturperiod fir déi nächst 6 Joer iwwerholl hunn. Mir begléckwënschen och eisen neie Buergermeeschter Louis Pinto a seng zwee Schäfte, de Jeff Herr an de Jeannot Toisul zu hirer Wal a wënschen hinne vill Wäitsicht an Zouversiicht beim Ausübe vun hirem Amt.

Haut de Mëtteg hu mir eis hei afonnt, fir speziell déi fir d'éischte Kéier gewielte Membere aus dem Gemengerot ze éieren an hinnen, wéi et hei zu Lëntgen Traditioun ass, e Bam ze planzen.

De Syndicat d'Initiative, deen déi meeschte Veräiner aus der Gemeng regruppéiert, ass frou fir de Parrainage vun dëser Aktioun ze iwwerhuelen an dës Zeremonie an Zesummenaarbecht mat de Gemengenautoritéiten ze organiséieren.

E Bam stellt d'Symbol vu Liewen, vu Wuesstem, vun Entwécklung duer. Och dir, léif nei Membere aus dem Gemengerot, sollt un ärer wichteger Aufgab am Déngscht vun äre Matbierger wuessen a Garant si vun der positiver Entwécklung vun eiser Gemeng, an dat an alle Beräicher. E flott, oppent, häerzlech, konstruktiv a solidarescht Zesummeliewe vu Mënschen an enger harmonescher Duerfgemeinschaft brauch awer och eng staark, motivéiert an initiativfreedeg Veräinslandschaft, déi jidderengem d'Geleeënheet bitt, sech souwuel op sportlechem wéi op kulturellem Plang kënnen z'engagéieren an ze developpéieren.

Eis Gemengepäpp a -Mammen hunn dofir bis elo och ëmmer drop gehalen, dat benevolt Engagement an de Lëntgener Veräiner souwuel op finanziellem wéi op logisteschem Plang ze ënnerstëtzen.

Mir si gudder Hoffnung, jo, der Iwwerzeugung, dass och dir, léif Membere, dir Dammen an dir Hären aus dem Schäfte- a Gemengerot, dëst Engagement weiderhi wëllt iwwerhuelen an domat d'Aktiounen an d'Manifestatiounen vun de Lëntgener Veräiner effektiv wëllt ënnerstëtzen. Dofir elo schonn e grouse MERCI.

Erlaab mir, dass ech iech zum Schluss am Numm vum Syndicat d'Initiative an all de Veräiner aus der Gemeng Lëntgen eng glécklech Händche bei äre politeschen Aktivitéiten wënschen. Är wichteg Aufgab am Déngscht vun eiser Gemeng a virun allem hire Bierger soll iech vill Freed a Satisfaktioun bereeden.

An deem Sënn wënschen ech eis all nach e schéinen Nomëtteg mat ganz villen interessante Gespréicher an natierlech och e flotte gesellegen Ofschloss.

Ech soen iech Merci.





Nationalfeierdag 2024

De Samschdeg, 22. Juni 2024, ass den Nationalfeierdag an der Gemeng Lëntgen um Virowend vum offiziellen Dag gefeiert ginn.

Um 17.45 Auer hunn d'Veräiner an d'Leit sech virun der Gemeng versammelt, fir am Cortège vun der Märei an d'Kierch ze goen, wou den Te Deum géint 18.00 Auer gesonge gouf.

Nom Te Deum huet de Buergermeeschter eng Usprooch gehalen.

Duerno huet eng Navette, déi bis 1 Auer an der Nuecht duerch d'ganz Gemeng gefuer ass, d'Leit an de „Festsall a Mouschelt“ gefouert, wou d'Gemeng en Eierewäin offrëiert huet.



Fête Nationale 2024

Le samedi, 22 juin 2024, la fête nationale a été célébrée dans la commune de Lintgen, à la veille du jour officiel.

À 17.45 heures, les associations locales et les participants se rassemblaient dans la cour de la mairie et formaient le cortège vers l'église paroissiale de Lintgen, dans laquelle le Te Deum solennel a été chanté vers 18.00 heures.

Après le Te Deum, le bourgmestre prononçait une allocution de circonstance.

Ensuite une navette, desservant des arrêts dans toute la commune jusqu'à une heure du matin, conduisait les citoyens au « Festsall a Mouschelt » où la commune offrait un vin d'honneur.



Klimapaktworkshop



Am 16. Juli 2024 fand der Klimapaktworkshop mit dem Gemeindepersonal statt. Basis für diese Sensibilisierungsmaßnahme war der Beschluss des Klimateams. Dank der tatkräftigen Unterstützung seitens der Gemeindeverwaltung fand ein reger Austausch zu wichtigen Einflussgrößen in Bezug auf die Klimakrise statt.

Zur Vorbereitung und Einstimmung auf die Thematik ermittelten die Mitarbeiter mittels des CO₂-Footprintrechners des WWF (siehe Link <https://www.wwf.de/themen-projekte/klimaschutz/wwf-klimarechner>) ihren persönlichen Kohlendioxid-Fußabdruck.



Bernhard Jäckel, der Klimapaktberater der Gemeinde, wertete die Ergebnisse im Vorfeld anonym aus und stellte erfreut fest, dass der Durchschnitt der Gemeindemitarbeiter einen 21%-geringeren Wert als der nationale Durchschnitt (13,7 Tonnen CO₂ pro Kopf und Jahr) aufwies. Im Workshop selbst fand eine Analyse zur Bestimmung der Herkunft von Treibhausgasen statt. Nach Sektoren geordnet steht der Verkehr mit Abstand an erster Stelle, gefolgt von den privaten Haushalten und der Wirtschaft. In diesem Zusammenhang wurden dann auch die Themen:

- E-Mobilität;
- erneuerbare Energien, insbesondere PV-Anlagen mit Eigennutzung;
- Wärmepumpen;
- Energiesparen;

als geeignete Maßnahmen identifiziert, mit denen die Gemeindeverwaltung, aber vor allem auch die Bürger der Gemeinde ökonomischen und ökologischen Nutzen hieraus ziehen können.

Sehr aufschlussreich waren die Erfahrungsberichte von Nutzern von E-Autos, die ausführten, dass neben dem klimafreundlichen Effekt auch die Tatsache, dass die Treibstoffkosten pro 100km gefahrene Kilometer im Vergleich zu fossilbetriebenen Fahrzeugen ca. 250 % günstiger ausfallen, was vor allen bei Pendlern ins Gewicht fällt.

Auch konnte das Rätsel gelöst werden, warum bei den Mitarbeitern der CO₂-Footprint-Durchschnitt so niedrig lag. Ungefähr die Hälfte der Teilnehmer erklärten bei der anschließenden Befragung, dass sie bereits über eine Wärmepumpe verfügen. Großes Potential hingegen besteht jedoch noch bei der Einordnung des eigenen Stromverbrauchs. Lediglich 18% der Teilnehmer kannten ihren jährlichen Stromverbrauch. Ähnlich verhielt es sich bei den Heizkosten.

Am Ende konnten aber alle Teilnehmer ein positives Fazit der Veranstaltung ziehen und gaben an, dass es für sie eine Bereicherung war.

Text: Bernhard Jäckel (Klimapaktberater) - Fotos: Bernhard Jäckel



Héichwaassermeldezentrum Lëtzebuerg

Stänneg Bereetstellung vu gemoossene Waasserstänn a Previsiounen fir lëtzebuergesch Haaptgewässer souwéi zousätzlech Informatiounen während dem Héichwaassermeldedéngscht.

D'Administration de la gestion de l'eau ass di kompetent Verwaltung fir d'Bereetstellung vun Héichwaasserprevisiounen un alle Lëtzebuenger Gewässer. Ass de Meldedéngscht a Bereitschaft, gëtt dës Säit mat aktuellen Héichwaasserinformatiounen an Héichwaasserbulletinen ergänzt. D'Héichwaasserbulletinen enthalen Informatiounen zur Wiederlag, zum Offloss an zur Previsioun vu Waasserstänn un de Meldepegelen.

Och ausserhalb vun den Héichwaasserzäiten kënnen aktuell Waasserstänn a Previsiounen consultéiert ginn. D'Waasserstänn ginn an der Reegel all 15 Minutten aktualiséiert. D'Previsiounen gi mindestens all dräi Stonnen gerechent a publizéiert, jee no Situatioun kënnen se bis zu all Stonn aktualiséiert ginn. Fir aktuell 11 Pegelen gi Previsiounen mat enger Längt vu bis zu 24 Stonnen duergestallt.

Hochwasservorhersagezentrale Luxemburg

Ständige Bereitstellung von gemessenen Wasserständen und Vorhersagen an den luxemburgischen Hauptgewässern sowie zusätzlichen Informationen während des Hochwassermeldedienstes.

Die Administration de la gestion de l'eau ist die zuständige Behörde für die Bereitstellung von Hochwasservorhersagen an allen luxemburgischen Gewässern. Geht der Meldedienst in Bereitschaft, werden die Seiten durch aktuelle Hochwasserinformationen und Hochwasserlageberichte ergänzt. Die Hochwasserlageberichte enthalten Informationen zur Wetterlage, Angaben zur Abflusslage und Wasserstandsvorhersagen für die Meldepegel.

Auch außerhalb der Hochwasserzeiten können aktuelle Wasserstände und Vorhersagen an den Pegelstationen abgerufen werden. Die Wasserstände werden in der Regel alle 15 Minuten aktualisiert. Die Vorhersagen werden mindestens alle drei Stunden berechnet und veröffentlicht, im Hochwasserfall je nach Situation kommt es bis zu einer stündlichen Aktualisierung. Für 11 Pegel werden aktuell Vorhersagen des Wasserstands mit einer Vorhersagetiefe von bis zu 24 Stunden dargestellt.

Service de prévision des crues Luxembourg

Mise à disposition permanente des niveaux d'eau mesurés et des prévisions des cours d'eau du Luxembourg, ainsi que des informations supplémentaires pendant les phases d'alerte en cas de crues.

L'Administration de la gestion de l'eau est l'autorité compétente pour la fourniture des prévisions en cas de crues pour tous les cours d'eau du Luxembourg. En cas d'alerte, les pages seront complétées par des informations actualisées sur les crues et par des bulletins de crue. Ces bulletins contiennent des informations sur les conditions météorologiques, la situation actuelle et les prévisions des niveaux d'eau pour les stations d'alertes.

Aussi en dehors d'une situation de crues, les niveaux d'eau actuels et les prévisions des stations peuvent être consultés. Les niveaux d'eau sont mis à jour généralement toutes les 15 minutes. Les prévisions sont calculées et publiées au moins toutes les trois heures, selon la situation de crue une mise à jour horaire est possible. Pour actuellement 11 stations, les prévisions des niveaux d'eau sont affichées avec un temps de prévision jusqu'à 24 heures.

Visite vun der Renaturéierungszon vun der Uelzecht zu Walfer a Steesel!



E Samschdeg, den 8. Juni 2024, um 10 Auer hunn sech iwwer fofzeg Awunner an Naturliebhaber um Parking niewent den Tennisfelder an der Rue de l'Alzette zu Helsem getraff, fir d'Renaturéierungszon vun der Uelzecht zu Walfer a Steesel ze entdecken. Dësen Event, deen Deel vun engem Programm vu véier groussen Evenementer ronderëm d'Thema Waasser am Uelzechtdall ass, huet de Participanten d'Geleeënheet ginn, d'Wichtigkeet vun der Renaturéierung fir d'Klimaadaptatioun, den Iwwerschwemmungsschutz an d'Qualitéit vum Waasser ze verstoen.

No enger härezlecher Begréissung mat Fairtrade Croissanten a Kaffi, ass d'Visitt mat enger Begréissung vum Jessie Thill, Ëmweltschäffin vun der Gemeng Walfer ugaang. D'Grupp gouf vun Experten aus der Waasserwirtschaft, dem Büro BUNOSEVAC, dem Entrepreneur ENTRAPPAULUS an dem CELL (Citizens for Ecological Learning & Living) begleet, déi während der Visitt detailléiert Erklärungen ginn hunn.

D'Visite ass géint Mëttes um Chantier zu Steesel op en Enn gaangen, wou de Siggy Rausch, Ëmweltschäffin vun der Gemeng Steesel, nach e puer Ofschlosswierder gesot huet an d'Wichtigkeet vun sou Projete fir d'Zukunft vun eiser Ëmwelt betount huet.

Dëse Programm war den drëtten Deel vun engem Programm vu véier Ëmweltveranstaltungen. Den nächsten a leschten Event wäert eng Ëmweltassise sinn, déi fir den 10. Oktober 2024 geplangt ass.

Mir invitéieren all interesséiert Bierger, sech elo schonn unzemellen, fir un dëser Assise zu Lëntgen deelzehuelen: https://bibe.cell.lu/de/initiative/klima_wandel_im_alzette_tal

Text: Carine Kolber

Fotoen: Carine Kolber; Norry Schneider; Pierre Levy (Levygraphie)





Fairen Handel an der Gemeng Lëntgen 2024



Zanter ronn 13 Joer deelt d'Lëntgener Gemeng de Fairtrade- Gedanken an ënnerstëtzt Initiativen an Aktiounen fir d'Leit ze informéieren an ze sensibiliséieren. Ob am Gemengenhais, an der Maison relais, an de Veräiner, an der Schoul oder doheem – fairen Handel gëtt de Leit ëmmer méi wichteg a gëtt op ënnerschiddlechen Niveaue gelieft.

Eng vun den Aufgabe vun eiser Kommissioun ass et fir d'Bewosstsi vun de Lëntgener Leit fir nohaltegen a fairen Handel ze fërderen an ze encouragéieren fir op Fairtrade Artikelen zréck ze gräifen.

Sou hu mir z.B. am Kader vun de Lëtzebuerger Fairtrade-Wochen Ufank Mee eng Aktioun gestart an de Leit, déi den ëffentlechen Transport geholl hunn, eng Fairtrade-Banann offréiert.

Ronn 200 Leit hu mir dobäi eng Freed gemaach a si iwwert Fairtrade a seng nohalteg Ziler informéiert.

Sonnes de 4. Mee hu mir an Zesummenaarbecht mat de Semeurs de Joie asbl e FAIRTRADE Brunch op Mouschelt organiséiert an exklusiv Fairtrade a lokal Produiten ugebueden. Dëst ass schonns e feste RDV ginn an iwwert 150 Leit konnte Fairtrade-Produite genéissen a mateneen an d'Gespréich kommen.

An engem klengen Exposé vum Charles Margue si mir iwwert Fairtrade-Textilien informéiert ginn a mir waren och frou, datt d'Spillfabrik vu Goussel an de Buttik Tiers Monde vun Ettelbréck derzou bäigedroen hunn, datt dësen Event a flotter Erënnerung bliwwen ass.

Mir soen all de Leit Merci, déi eng Hand an der Kichen oder am Service mat ugepaakt hunn an e Merci geet och un déi vill Leit, déi bei eis kumm si fir de Fairtrade-Gedanken ze ënnerstëtzen.

Doriwwer eraus hu mir all zesummen derzou bäigedroen, datt d'Semeurs de Joie asbl ee vun hire Projete konnten ënnerstëtzen...

Save the date: Den nächste Fairtrade-Brunch ass de 27. Abrëll 2025

En zweet Zil vun eiser Kommissioun ass et fir d'Gläichberechtigung vu Mann a Fra anzutrieden a jidderengem déi selwecht Chancen an eiser Gemeng ze ginn. An deem Kader hu mir op Initiative vun der Commission de l'Égalité des Chances vu Miersch un enger Formatioun zu Rolleng deelgeholl. Zweek Verrieder vum Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes hunn eis d'Strategie vum Ministère mat konkreten Aktiounen an Definitiounen erkläert a gewisen, datt d'Gläichstellung vu Fraen a Männer als e wichtige Schlëssel fir e gutt Zesummeliewen net nëmmen an der Gemeng, mee och op europäeschem Niveau, ze gesinn ass.

Dëse flotten a ganz informativen Austausch mam Ministère a mat Kommissiounsmemberen aus deenen aneren Uelzechtdallgemengen huet eis motivéiert fir och bei eis an der Gemeng konkret Aktiounen virzubereeden an unzëbiden.

Nathalie Thimmesch-Wagner

Actions Fairtrade à Lintgen en 2024



Depuis 13 ans environ, la commune de Lëntgen partage les idées du commerce équitable et soutient des initiatives et des actions pour informer et sensibiliser les habitants. Que ce soit à la mairie, à la maison relais, au sein des associations, à l'école ou à domicile, le commerce équitable prend de plus en plus d'importance pour les citoyens et est mis en œuvre à différents niveaux.

L'une des tâches de notre commission est de sensibiliser les habitants de Lintgen au commerce équitable et durable et de les encourager à choisir des produits Fairtrade. Dans le cadre des Semaines Fairtrade au Luxembourg début mai, nous avons par ailleurs organisé une action où nous avons offert une banane Fairtrade aux personnes utilisant les transports en commun. Environ 200 personnes ont ainsi pu être informées sur le commerce équitable et ses objectifs durables.

Le dimanche 4 mai, en collaboration avec les Semeurs de Joie asbl, nous avons organisé un brunch FAIRTRADE à Mouschelt, offrant exclusivement des produits Fairtrade et locaux. Cet événement est devenu un rendez-vous incontournable, où plus de 150 personnes ont pu déguster des produits Fairtrade et s'échanger entre elles.

Grâce à une petite intervention de Charles Margue, nous avons pu en savoir plus sur les textiles Fairtrade. Nous tenons également à souligner la contribution de la "Spillfabrik" de Gosseldange et de la boutique Tiers Monde d'Ettelbruck à la réussite de cet événement.

Finalement, nous tenons à remercier toutes les personnes qui ont donné de leur temps pour aider en cuisine ou au service, ainsi que tous ceux qui sont venus soutenir l'idée du commerce équitable. Grâce à vous tous, nous avons également contribué à permettre aux Semeurs de Joie asbl de soutenir l'un de leurs prochains projets.

À noter dans vos agendas : le prochain brunch Fairtrade aura lieu le 27 avril 2025.

Un deuxième objectif de notre commission est de promouvoir l'égalité entre les hommes et les femmes et de garantir à chacun les mêmes chances dans notre commune. Dans ce cadre, nous avons participé, à l'initiative de la Commission de l'égalité des chances de Mersch, à une journée de formation à Rollingen. Deux représentants du Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes nous ont expliqué la stratégie du Ministère en présentant des actions concrètes et des éléments de définition, soulignant que l'égalité entre les femmes et les hommes est une clé essentielle pour une bonne coexistence, aussi bien dans la commune qu'à l'échelle européenne.

Cet échange enrichissant et très informatif avec le Ministère et les membres des commissions des autres communes de la vallée de l'Alzette nous a motivés à préparer et proposer des actions concrètes dans notre commune.

Nathalie Thimmesch-Wagner



Big Band's a Mouschelt





Am Kader vu Big Band's "a Mouschelt" stoung den 10. Mee d'Big Band Memory 2.0, wéi se nei heescht, ënnert der Direktioun vum Laurent Hoffmann op der Bün. Big Band Memory hat schonn 2019 an der aler Formatioun e Concert a Mouschelt gespillt.

An de Mouschelt hat d'Kulturkommissioun zesumme mat der Lëntgener Musek am Kader vun der Musek hirem Anniversaire invitéiert an d'Lëntgener Musek huet och fir d'Bekäschtegung vun de Gäscht gesuergt. D'Big Band Memory 2.0 woussst mat engem flotte musikalesche Programm ze begeeschten.

Op deem Programm stoungen nieft aneren dës Orchester Nummern:

Days of wine and roses - Groovin' high (Solo Sax Alt) - Gentle Flow (Solo Guitare)

Blues on the hill (Solo Sax Alt) - 4 Plus One (Solo Trombone) - Stepping out

Moanin' - Timmons/Taylor (Solos Trompette / Sax Tenor / Piano)

Cantaloupe Island (Solos Trompette / Sax Tenor) - Rise (Solo Sax Alt)

The Tweet (Solo Sax) - Children of the Sun (Solos Trompette / Sax Alt)

Follow me - Moanin' - The Summer of 42 - Are you going with me

Text: André Heinen – Fotoen: Viviane Heinen



Aktivitéite vun der Ëmweltkommissioun

Vu Buedem, Bauzen a Biobauern

Um 22. Mee, internationalen Dag vun der Biodiversitéit, hat d'Ëmweltkommissioun Lëntgen zesumme mat der Vereenegung fir Biolandwirtschaft Lëtzebuerg a mat dem Lycée Ermesinde d'Projektioun vum Film „Vu Buedem, Bauzen a Biobauern“ organiséiert.

Di ronn 50 Spectateure kruten en Abléck an d'Welt vun der Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg. Am Film an och dono hu si verschidden Protagoniste kennegeléiert, déi de Wee vun der Biolandwirtschaft ageschloen hunn a weider mat lwwerzeegung hannert dëser Iddi stinn. Et gouf vermëttelt wéi ëmfangräich d'Entwécklung an de leschte Jore bei der Produktioun, Vermaartung a Fuerschung an dësem Beräich vun der Landwirtschaft war. Beim Bio-Patt gouf et och nach Bio-Häppercher, préparéiert vun de Schüler vun der Entreprise Seefood vum Lycée Ermesinde, wou d'Nohaltegkeet vum lessen an de Kontakt mat de Produzente ganz grouss geschriwwen gëtt.

Le 22 mai, lors de la Journée internationale de la Biodiversité, la commission de l'environnement Lintgen a organisé la projection du film „Vu Buedem, Bauzen a Biobauern“, en collaboration avec la Vereenegung fir Biolandwirtschaft Lëtzebuerg et le Lycée Ermesinde.

La cinquantaine de spectateurs a pu découvrir le monde de l'agriculture biologique au Luxembourg. Dans le film et après la projection, ils ont rencontré plusieurs protagonistes qui ont pris le chemin de l'agriculture biologique et continuent de soutenir cette idée avec conviction. Ont été soulignés l'ampleur du développement de la production, de la commercialisation et de la recherche au cours des dernières années dans ce domaine de l'agriculture. La soirée s'est terminée autour d'une agape bio, préparée par les étudiants de l'entreprise Seefood du Lycée Ermesinde, pour qui la durabilité de l'alimentation et le contact avec les producteurs sont très importants.

www.biobauzen.lu


www.LEM.lu



Natur-Trëppeltour

De 14. Juni war den Naturtrëppeltour vun der Ëmweltkommissioun. Och wann et am Ufank nach geschott huet ewéi mat Eemeren si ronn 20 Leit matgaang. Op de 5 km kruten si vill iwwe Planzen, Déieren, Geologie an och Forstwirtschaft vum Fierschter Cédric Farinon an der Biologin Sandra Cellina erzielt.

Le 14 juin avait lieu la balade nature de la commission de l'environnement. Même s'il pleuvait des cordes au début, une vingtaine de participants étaient au départ. Sur les 5 km, le préposé de la nature et des forêts Cédric Farinon et la biologiste Sandra Cellina ont donné des explications sur les plantes, les animaux, la géologie ainsi que la gestion forestière.




D'Ëmweltkommissioun bei der Preparatioun
La commission de l'environnement lors de la préparation



Energie-Porte ouverte

Photovoltaik, Elektro-Bornen an -Auto, Holzheizung a Wärmepompe... Dësen Deel vu sengem Alldag huet de Luc aus der Ëmweltkommissioun virwëtzegen an interesséierte Bierger erkläert.

Photovoltaïque, bornes et voitures électriques, chauffage au bois et pompe à chaleur... C'est cette partie de son quotidien qu'a expliqué Luc de la commission de l'environnement aux citoyens curieux et intéressés.



Fundays 2024: Eine unvergessliche Kinderolympiade



Vom 16. Juli bis zum 26. Juli 2024 fanden die diesjährigen Fundays unter dem Motto "Die Olympischen Spiele in Paris" statt. Inspiriert von den echten Olympischen Spielen, die in diesem Jahr weltweit für Begeisterung sorgten, lag der Fokus unserer Aktivitäten auf Sport, Teamgeist und gemeinsamem Erleben.

Während den Fundays hatten die Kinder die Möglichkeit an einer Vielzahl von spannenden und sportlichen Aktivitäten teilzunehmen. Eines der besonderen Highlights war der Ausflug ins Schwimmbad Calypso sowie ein weiterer nach Réiden, bei dem sich die Kinder im Wasser austoben konnten.

Ein weiteres Highlight war die gemeinsame Fahrradtour, bei der die Kinder entweder mit dem Fahrrad oder auf Rollerblades unterwegs waren. Diese sportliche Aktivität stärkte nicht nur ihre Kondition, sondern auch den Zusammenhalt der Gruppe.

In Diekirch wurde eine eigene Kinderolympiade veranstaltet, bei der die jungen Athleten ihr Können in verschiedenen Disziplinen unter Beweis stellten. Dabei war nicht nur sportliches Talent gefragt, sondern auch Teamarbeit und Fairplay.

Auch im Kreativraum gab es zahlreiche Aktivitäten. Die Kinder hatten großen Spaß daran ihre eigenen Medaillen, Flammen, Flaggen, Olympischen Ringe aus Holz und vieles mehr zu basteln.

Neben den sportlichen und kreativen Aktivitäten stand auch eine gesunde Ernährung im Vordergrund. Die Kinder hatten die Gelegenheit gemeinsam gesunde Gerichte zu kochen und zu backen.

Ein weiteres besonderes Ereignis war der Besuch eines Taekwondo-Trainers. Dieser vermittelte den Kindern die Grundlagen dieser faszinierenden Kampfsportart und zeigte ihnen wie Disziplin und körperliche Fitness miteinander verbunden sind. Die Kinder waren begeistert von den Vorführungen und nahmen aktiv an den Übungen teil.

Das Wissen der Kinder wurde bereichert: In verschiedenen Quizrunden konnten sie ihr Wissen über die Olympischen Spiele, gesunde Ernährung und Sportarten unter Beweis stellen und erweitern.

Zum Abschluss der Fundays gab es eine besondere Zeremonie: Ein Cheerleaderteam, bestehend aus freiwilligen Kindern, führte eine mitreißende Tanzshow auf. Dieses Team hatte über zwei Wochen hinweg intensiv geübt.

Die Fundays 2024 waren ein großer Erfolg und boten den Kindern eine wunderbare Gelegenheit in die Welt des Sports einzutauchen, neues Wissen zu erlangen und gemeinsam unvergessliche Momente zu erleben.

Tiffany Szöllösy

Maison relais - Départ à la retraite

Chers enfants, parents, collaborateurs, collègues des clubs locaux, chers citoyens de la Commune de Lintgen
Je m'adresse à vous pour vous informer que j'ai quitté la Maison relais de Lintgen au 01.06.2024 pour profiter de ma retraite anticipée.

Je tiens à vous remercier toutes et tous, pour votre collaboration depuis mon entrée en service le 01.06.2010. Il m'a été un honneur d'avoir été la responsable de la Maison relais depuis le 1^{er} mai 2011. J'en garderai que de bons souvenirs.

Je tiens à remercier tout particulièrement Monsieur Wurth Henri pour sa confiance et son soutien tout au long de son mandat en tant que bourgmestre et aussi Monsieur Pinto Louis, actuel bourgmestre, pour sa confiance et son soutien la dernière année.

En espérant croiser l'un ou l'autre d'entre vous à l'occasion d'un événement organisé par la commune ou la Maison relais, je vous souhaite à toutes et à tous que du bonheur et pleins de bons moments à venir.

Merci encore pour tout,

Simone Klees



de Gemengebouet

Action days 2024

D'Désirée Thilgen, den David Gilbertz an de Patrick Reiffer hunn sech dëser Aufgab ugehall. No engem Zesummentreffen hu mir eis puer Iddien ausgeschafft.

Bei herrlechem Summerwieder déi zwee éischt Deeg, konnten d'Kanner verschidde Methoden ausprobéiere wéi een als Pompjee u Waasser kënnt, a wat een alles domat ka maachen. Awer och huet sech den Adrian Pico Zäit geholl fir de Kanner den RTW / Ambulanz ze erklären.

All Atelier huet de ganze Moie gedauert, dëst war net ëmmer einfach.

Den 3. Dag gouf de Plang fir bei der Schoul ze bleiwen opgrond vum Wieder an eis Pompjeeskasär verluecht, dëst huet de Kanner allgemeng vill Freed gemaach.

Mir soen dem Schoulmeeschter Patrick och Merci fir seng Ënnerstëtzung mat dem Programm.

Désirée Thilgen




Rallye pour les parents de la Maison Relais pendant la Semaine de l'Enfance et Fairtrade

La Semaine de l'Enfance a eu lieu du 4 mai au 11 mai. Pendant cette semaine, c'était aussi la Semaine du Fairtrade au Luxembourg. En raison de ces deux événements, la Maison Relais avait invité les parents des enfants inscrits à participer à un rallye spécial.

Les parents ont eu l'occasion de découvrir le travail du personnel éducatif au sein de la Maison Relais. Dans chaque salle, l'équipe éducative a proposé aux enfants et aux parents de participer à diverses activités, telles que la fabrication de pâte à modeler dans la salle de recherche sur la nature, l'utilisation du Greenscreen dans la salle de médias et la préparation de brochettes de fruits au chocolat dans la cuisine pédagogique.

De plus, dans les salles de détente, de sport et de théâtre, les éducateurs et éducatrices ont proposé des ateliers pour les parents.

Au restaurant de la Maison Relais « Food & Friends », les parents ont pu prendre un goûter, en choisissant parmi des produits Fairtrade et respectant le label SICONA, tels que des céréales, du chocolat, des milkshakes, des fruits et des muffins.



Minerva Lëntgen gewënnt d'Coupe Guy Wagner

Den 11. August huet den FC Minerva Lëntgen als Uendenken un de Guy Wagner e Futtballturnoi organiséiert. De Guy ass 1977 als Schoulmeeschter op Lëntgen komm an huet sech gläich ganz gutt agelieft. Hien war eng dreiwend Kraaft bei der Ausbildung vu jonke Spiller an hien huet d'Jugendekippe laang Joren trainéiert. Eng kuerz Zäit stoung hien och der éischter Ekipp als Trainer zur Verfügung, iert hien sech an der Jugendkommissioun engagéiert huet. Seng jovial Aart a Weis huet dozou bäigedroen, dass hien als Gespräichspartner séier beléift war.

Trotz summerlech waarmen Temperaturen haten sech ganz vill Frënn a Spectateuren um Terrain afontt fir di flott Matcher ze verfollegen. Am Trouschtmatch gewënnt Märel mat 10-0 géingt lerpeldeng. An der spannender Final huet sech Lëntgen mat 3-2 géingt Mäerzeg duerchgesat. D'Nadine an den Noé Wagner hunn di schéi Coupes iwverrecht an als Zousaz deene Lëntgener Jongen nach eng Ham offréiert. Eis Gedanke waren op dësem Dag bei eisem Kolleeg Guy, engem verdéngschtvollen Trainer, Matarbechter a Supporter vum FC Minerva Lëntgen.

Tun Gruber



World-Music Concert



Music from around the world **21. Abrëll - Kierch Lëntgen**

Aussergewöhnlech, super, musikalesch präzis a mat Nuancë vu crescendo bis decrescendo, piano a forte, eng glanzvoll Leeschtung, esou eppes ass et hei zu Lëntgen nach ni ginn...

Esou vill Luef, jo bal Euphorie, a Standing Ovation vum Publikum gouf et fir de World-Music Concert.

Opgefouert vun der Lëntgener Musek a Kollaboratioun mat der Chorale Ste Cécile Lëntgen, der Chorale des Jeunes aus dem Stater Conservatoire an dem Konsdrefer Jugendchouer hat dëse Concert e mega Succès.

Et war eng nei Experienz fir eis all – en eenzegaartegt Evenement, dat net esou einfach ze widderhuelen ass.

D'Lëntgener Kierch war bal bis op déi leschte Plaz gefëllt fir de Concert vun deene 95 Musikantinnen a Musikanten, Sängerinnen a Sänger nozelauschteren.

Dëst huet eis enorm gefreet an eis en zousätzlechen Undriff ginn, eisem engagierten Dirigent konzentréiert ze follegen.

D'Rezept vun deem Erfolleg: en harmonescht Zesummespill vu Musek a Gesank, en interessanten an uspriecheden Repertoire, intensiivt Prouwen, Konzentratioun bei jidderengem bis ganz zum Schluss an net ze vergiessen, Dirigenten déi mat Leif a Séil bei der Saach sinn an de ganzen Ensembl brillant a mat vollem Kierperasaz geleet hunn.

Felicitatiounen un eis Dirigente Marc Loewen a Pol Serra an un all Musikantinnen a Musikanten, Sängerinnen a Sänger.

Vläicht begéine mir eis emol eng Kéier an där selwechter Formatioun erëm fir en neien Exploit, wie weess?!

Text: Jean Ewen – Fotoen: Viviane Heinen-Nilles



de Gemengebouet



World-Music Concert



Musique à travers le monde - 21 avril - Église de Lintgen

Extraordinaire, génial, musicalement précis et avec des nuances allant du crescendo au decrescendo, du piano au forte, une brillante performance, du jamais vu à Lintgen...

Il y a eu tellement d'éloges, presque d'euphorie, et un standing ovation du public pour le World-Music Concert.

Interprété par la Fanfare de Lintgen en collaboration avec la Chorale Ste Cécile de Lintgen, la Chorale des Jeunes du Conservatoire de la Ville de Luxembourg et le Chœur des Jeunes de Consdorf, ce concert a connu un immense succès.

Ce fut une nouvelle expérience pour nous tous – un événement unique qui ne sera pas facile à répéter.

L'église de Lintgen était presque occupée jusqu'à la dernière place pour écouter le concert donné par les 95 musiciennes et musiciens, chanteuses et chanteurs. Cette importante audience nous a énormément réjoui et nous a donné une impulsion supplémentaire d'au mieux suivre les instructions de notre chef d'orchestre très engagé.

La recette de ce succès : une interaction harmonieuse musique-chant, un répertoire intéressant et attrayant, des répétitions intensives, la concentration de chacun jusqu'à la fin, et sans oublier, des directeurs musicaux impliqués avec corps et âme et dirigeant tout l'ensemble avec brio.

Félicitations à nos directeurs musicaux Marc Loewen et Pol Serra et à tous les musiciennes et musiciens, chanteuses et chanteurs.

Peut-être la même formation se reverra un jour pour un nouvel exploit ? Qui sait ?!

Texte : Jean Ewen – Photos : Viviane Heinen-Nilles



Porte Ouverte vun der Lëntgener Museksschoul

27. Abrëll am Museksgebäi

Vill Kanner a Jugendlecher haten sech mat hiren Elteren a hirer Famill op der Porte Ouverte vun der Museksschoul Uelzechtall zu Lëntgen afonnt, fir sech allgemeng iwwert d'Museksformatioun an och iwwer déi ugebuede Coursen an Instrumenter ze informéieren.

D'Chargé(e)s de cours hate mat den aktuelle Schülerinnen a Schüler e puer Stécker ageprouft, déi dann opgefouert goufen.

Déi Jéngst aus dem Eveil musical hu gedantz a gesongen an déi méi grouss hunn hiert Talent um Instrument bewisen.

Natierlech konnt och jiddereen déi divers Holz-, Blech- a Perkussiounsinstrumenter ausprobéieren an d'Freed war allgemeng grouss.

E klenge Concert vum Jugendensembel vun der Lëntgener Musek huet dese flotten an opschlossräichen Nomëtteg ofgeschloss.

Journée porte ouverte de l'école de musique de Lintgen

27 avril au bâtiment de musique

De nombreux enfants et adolescents se sont réunis avec leurs parents et leur famille à la journée porte ouverte de l'école de musique Uelzechtall à Lintgen en vue d'obtenir des informations générales sur la formation musicale ainsi que sur les cours et les instruments proposés.

Les chargé(e)s de cours avaient répété quelques pièces avec les étudiants actuels qui ont par la suite été interprétées par eux.

Les plus jeunes de l'éveil musical ont dansé et chanté et les plus âgés ont montré leur talent instrumental.

Bien évidemment, tout le monde a également pu essayer les différents instruments bois, cuivres et percussion et le plaisir était généralement grand.

Un petit concert de l'Ensemble des Jeunes de la Fanfare de Lintgen a clôturé cet après-midi agréable et instructif.

Text/Texte: Jean Ewen – Fotoen/Photos: Viviane Heinen-Nilles, Paul Provost, Jean Ewen



An nach e puer traditionnell Aktivitéite stoung fir d'Lëntgener Musek bis August 2024 um Programm

1. Mee – Fest vun der Aarbecht - Meekranz



't ass Kiermes am Duerf...

All Joer de leschte Weekend am Juli geet d'Lëntgener Musek den Hämmelsmarsch duerch d'Stroosse vun eiser Gemeng spille fir d'Awunner op d'Kiermes anzestëmmen, esou och dëst Joer.

E grouse Merci all de Leit aus der Gemeng Lëntgen fir déi generéis finanziell Ënnerstëtzung.

Text: Jean Ewen – Fotoen: Marie-Jeanne Loewen-Müller, Pol Serra, Sandra Determe, Jean Ewen



de Gemengebouet

Concert Mierscher Musek


11. Mee - A Mouschelt

Well d'Léntgener Musek ëmmer erëm beméit ass, déi gutt Noperschaft ze fleegen, hate mir am Kader vun eisem 125. Gebuertsdag déi Mierscher Musek invitéiert, fir hiren erfollegräiche Gala-Concert "Let's Dance" zu Léntgen opzeféieren.

Ënnert der dynamescher Direktioun vun hirem neie Chef Ben Brosius hunn déi ronn 50 Musikantinnen a Musikante vun der Mierscher Musek eis Dänz aus der ganzer Welt gespillt: Valse, Tango, Quickstepp, Samba oder Csardas hunn d'Leit matgerappt.

Et war e flotten a liewegen Owend deen de Publikum genoss huet.

Text: Jean Ewen – Fotoen: Paul Provost



Concert Militärmusek



15. Juni - A Mouschelt

Ee vun den absolutten Héichpunkte vum 125. Anniversaire vun der Lëntgener Musek war sécherlech den Optrétt vun der Militärmusek am Festsall A Mouschelt.

Mir ware frou, dass de groussen Orchester vun der Musique Militaire Grand-Ducale eis zougesot hat, fir extra fir eise Gebuertsdag e Concert op Lëntgen spillen ze kommen.

Énnert der Baguette vum Lt Jean Thill, chef adjoint, hunn déi 60 Musikerinnen a Musiker eis e ganz gefällegen an ofwiesslungsräiche Concert aus der Welt vun de Musicallen gespillt.

Besonnesch déi zwee jonk Soliste Léini Fischer (Gesank) a SgtStag Nick Engel (Trombone) si gutt beim Publikum ukomm an hir Leeschtung gouf allgemeng bewonnert.

Awer och d'Presentatrice AdjMaj Monique Bernotte, e Lëntgener Meedchen, wouss de Publikum mat senger Fachkenntnis a sengen Anekdote matzeräissen.

Nom Concert gouf et vill Luef an Unerkennung vun engem zefriddenen Auditoire.

E grouse Merci nach eng Kéier der Militärmusek fir dee flotten Owend.

Text: Jean Ewen - Fotoen: Viviane Heinen-Nilles



Bëschfest a „Journée de rencontre et de l'amitié“ Lëntgener Musek a Commission du vivre-ensemble interculturel



Wéi et schonn zur laangjäreger Traditioun ginn ass, huet de 7. Juli d'Bëschfest vun der Lëntgener Musek zesumme mat der „Journée de rencontre et de l'amitié“ vun der Commission du vivre-ensemble interculturel am Festsall A Mouschelt stattfonnt.

Nieft engem ganz diversifizéierte musikalesche Programm hunn all déi nei Matbierger aus der Gemeng Lëntgen deen Dag d'Méiglechkeet, sech iwwer d'Gemeng an hir Servicer awer och iwwer d'Aktivitéite vun de Lëntgener Veräiner, Associatiounen a Kommissiounen z'informéieren.

Ganz vill Matbierger haten och dëst Joer erëm de Wee A Mouschelt fonnt fir e flotte musikaleschen an informativen Dag mateneen an der Natur ze verbréngen.

Agelaut gouf dësen Dag mat engem Optrétt vum lokale portugisesche Veräin „Zés P'reiras“, dee mat senger Volleksmusek direkt fir déi néideg Stëmmung gesuergt huet.

No dësem flotten Optakt huet de President vun der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen Charel Margue d'Wuert ergraff. Hien huet d'Kommissioun mat all senge Memberen an och déi present Veräiner, Associatiounen a Kommissiounen eenzel begréisst an hinnen d'Méiglechkeet ginn, sech kuerz virzestellen. Wien duerno wollt, konnt sech nach méi detailléiert op deene sëllege Stänn informéieren.

Weiderhin huet eisen Här Buergermeeschter Louis Pinto d'Leit och häerzlech begréisst an si iwwert déi nei Kommunikatiounsmedie vun der Gemeng informéiert.

Well d'Lëntgener Musek dëst Joer hiren 125. Gebuertsdag feiert, hate mir d'Zil all eis Nopeschmuseken aus dem Uelzechtdall op e Concert z'invitéieren. Mir hunn eis riseg gefreut, dass si alleguer zougesot hunn.

D'Fanfare Hielem-Luerenzweiler, d'Harmonie l'Echo de l'Alzette vu Steesel an d'Harmonie Grand-Ducale Marie Adélaïde vu Walfer hunn eis e ganz ambitiësen an animéierte Programm presentéiert bei deem de Publikum gutt matgemaach huet.

Als musikaleschen Ofschluss vum Dag huet de Jugendensembl vun der Lëntgener Musek de Publikum vu sengem Kënnen iwwerzeegt an et sinn en ettlech Zugabe gefrot ginn.

Um Menü stoung wéi ëmmer Spezialitéite ronderëm d'Ham an de Grill, dëst Joer och vegetaresch.

De sëffge Patt fir den Dusch ze läschen huet natierlech och net gefeelt, well et war ee vun deene wéinegen Deeg mat excellentem Wieder.


Genuch Animatioun fir d'Kanner gouf och gebueden - Sprangschlässer, Ballooner, Face Painter a flott Spiller hunn si all beegesichert.

Fir Grouss a Kleng war also beschdens gesuergt, op kulinareschem wéi op kulturellem Gebitt.

Ze bemierke bleift zum Schluss nach, dass d'Bëschfest dëst Joer ënnert dem Logo GREEN EVENTS organiséiert gouf, an dass all Consigné vu Recycling a Mülltrennung exemplaresch agehale gi sinn.

Text/Texte: Jean Ewen

Fotoen/Photos: Paul Provost, Pol Serra, Jean Ewen



Fête Forestière et "Journée de rencontre et de l'amitié" Fanfare de Lintgen et Commission du vivre-ensemble interculturel



Comme le veut la tradition depuis de longues années, la Fête Forestière de la Fanfare de Lintgen et la « Journée de rencontre et de l'amitié » de la Commission du vivre-ensemble interculturel ont été célébrées ensemble en date du 7 juillet à la salle de fêtes A Mouschelt.

À côté d'un programme musical très diversifié, tous les nouveaux citoyens de la commune de Lintgen ont eu l'occasion de se renseigner sur la commune et ses services, mais aussi sur les activités des clubs, associations et commissions de Lintgen.

De nombreux concitoyens ont à nouveau été présents A Mouschelt cette année-ci pour passer tous ensemble une agréable journée musicale et informative en pleine nature.

La journée a débuté par une prestation du club portugais local "Zés P'reiras", qui a immédiatement créé une ambiance joyeuse avec sa musique folklorique.

Après cette belle ouverture, le Président de la Commission du vivre-ensemble interculturel Charel Margue a pris la parole. Il a souhaité la bienvenue à la commission avec tous ses membres ainsi qu'aux clubs, associations et commissions présents et leur a donné l'occasion de se présenter brièvement. Par la suite, tous les intéressés ont pu s'informer plus en détail auprès des divers stands.

Ensuite, Monsieur le Bourgmestre Louis Pinto a chaleureusement salué les citoyens et les a informés des nouveaux supports de communication de la commune.

En raison des festivités du 125^e anniversaire de la Fanfare de Lintgen, nous nous sommes fixés un objectif clair : inviter toutes les sociétés de musique voisines de la vallée

de l'Alzette à un concert. Et notre satisfaction fut grande quand elles ont toutes accepté notre invitation.

La Fanfare Helmdange-Lorentzweiler, l'Harmonie l'Echo de l'Alzette de Steinsel et l'Harmonie Grand-Ducale Marie Adélaïde de Walferdange nous ont présenté un programme très ambitieux et animé, apprécié pleinement par l'audience.

La clôture musicale de cette magnifique journée a été donnée par l'Ensemble des Jeunes de la Fanfare de Lintgen qui a su convaincre le public de ses capacités et partant, plusieurs bis ont été acclamés.

Le menu culinaire a proposé des spécialités autour du jambon et des grillades, cette année également végétariennes.

Des boissons rafraîchissantes pour combler la soif ont bien évidemment été servies étant donné qu'il s'agissait d'une des rares journées à temps splendide.

Et l'animation pour enfants était également de mise : châteaux gonflables, Ballooner, Face Painter et une multitude d'autres jeux ont réjoui tout le monde.

Ainsi, petits et grands ont amplement profité des services offerts, tant au niveau culinaire que culturel.

Reste finalement à noter que le Bëschfest de cette année a été organisé sous le Logo GREEN EVENTS et que toutes les instructions de recyclage et de tri des déchets ont exemplairement été respectées.

Text/Texte: Jean Ewen

Fotoen/Photos: Paul Provost, Pol Serra, Jean Ewen



de Gemengebuet



Dëschtennis-Tournoi



De Samschdeg 06. Abrëll hunn an der Sportshal zu Lëntgen ronn 100 Spillerinnen a Spiller un engem Dëschtennis Turnéier deelgeholl.

Dësen Turnéier gouf vun der Amicale des Arbitres de la Fédération (ADATT) an Zesummenaarbecht mam DT Minerva Lëntgen organiséiert a war e flotten Erfolleg.

Déi jéngste Spiller waren nach keng 10 Joer al an hu guer net sou schlecht gespilt, wéi een op der Foto gesäit. An och d'Arbitrere selwer hunn et sech net huele gelooss, selwer matzespillen.

Fir lessen a Gedréngs hunn eis grouss Meedercher gesuergt, a fir de richtegen Oflaf vun deem Ganzen, d'Equipe vun der Tournoi-Direktioun ënner der Leedung vum Winfried Schulz.

E grouse Merci u si alleguer.

Text: Léon Moulin



Retour sur la Réception Honorable du 22 Mars 2023



Nous avons eu l'honneur d'accueillir le 22 mars dernier une réception exceptionnelle en l'honneur de nos jeunes athlètes, qui ont brillamment représenté notre commune au Championnat d'Europe de Karaté Junior à Tbilissi (Géorgie) du 9 au 11 février 2023.

Félicitations à Anna Breisch qui a décroché une magnifique 5^e place dans la catégorie Kata Féminin U16 parmi 29 compétitrices. Son dévouement et sa persévérance ont été récompensés par cette performance exceptionnelle.

Nous tenons également à saluer l'équipe Kata Féminin Junior composée de Mia Reding, Sarah Rodrigo et Anna Breisch, qui a également obtenu une 5^e place remarquable parmi 15 équipes. Leur esprit d'équipe et leur détermination sont une source de fierté pour nous tous.

Nous remercions chaleureusement tous ceux qui ont contribué à cette soirée mémorable et nous encourageons nos jeunes talents à poursuivre leur chemin avec autant de passion et de discipline.

Encore une fois, toutes nos félicitations à nos jeunes karatékas pour ces résultats impressionnants !

Jean-Claude Henry

Lëntgen goes to Borgo Valsugana



Vum 22.07.-27.07.2024 war zu Borgo Valsugana an Italien eng méi lass. Hei war d'ëscht Joer den Internationale Concours CTIF. D'ëscht ass ee spezielle Concours, wou Jugendpompjeeën am Alter vun 10-16 Joer sech an zwou verschiddenen Disziplinne bewiese mussen. An Ekippe vun 10 Kanner mussen si zum engem Hindernisübung maachen: hei mussen d'Kanner esou schnell et geet iwwert ee Waassergruef an eng Hürd sprangen, duerch een Tunnel lafen an iwwert eng Bänk lafen. D'Kanner hunn zousätzlech dozou nach verschidden Aufgaben, d'Nummer 1 ass de Chef a muss ëmmer vir lafen, d'Nummeren 2 a 4 mussen bei eng Kiwelsprëtz lafen, wou si d'Lanz mam Schlauch huelen, a mussen op eng Sprëtzwand zilen. D'Nummeren 3 a 5 mussen bei der Kiwelsprëtz pompelen. D'Nummeren 2-5 mussen, nodeems eng Sireen matdeelt dat genuch Waasser an der Sprëtzwand ass, weiderlafen a Pompjeesamaturen déi virgi sinn op déi richteg Platz leeën. D'Nummere 6-9 sinn d'Schlauchekipp, dës mussen 4 Schläich verbannen an auszéien. Zum Schluss muss jiddereen nach ee bestëmmte Pompjeesknuet maachen. D'Nummer 10 aus der Ekippe hëlt net aktiv un der Übung deel, si ass den Ersatzmann wann ee sech blesséiert, si duerf awer mat um Terrain dobäi sinn an de Kolleegen nokucken an se ufeieren.

Déi zweet Disziplin beim Concours ass ee Staffellaf, hei mussen déi selwecht Kanner 400m lafen, natierlech net nëmmen einfach lafe mee och do hunn d'Kanner deels eng kleng Aufgab. D'Nummer 1 muss iwwert eng

Leederwand klammen, no der Leederwand hëlt si eng Lanz mat a bréngt dës der Nummer 2. D'Nummer 2 leeft einfach weider a bréngt der Nummer 3 d'Lanz. D'Nummer 3 muss een C-Schlauch huelen an dësen op eng Plack leeën, de Schlauch muss komplett op der Plack leien an duerf net erauskucken. Dono kritt Nummer 4 d'Lanz déi leeft einfach weider a bréngt der Nummer 5 d'Lanz déi dann ënnert ee Lategestell muss lafen, natierlech duerf d'Staang net beréiert ginn. D'Nummer 6 muss iwwert eng kleng Hürd sprangen, dono duerf d'Nummer 7 dann ee Feierlëscher mathuelen a muss och deen op enger Plack ofstellen. De Feierlëscher duerf déi Zäit wou d'Nummer 7 d'Lanz huet net ëmkippen. D'Nummer 8 leeft einfach just a bréngt der Nummer 9 d'Lanz. D'Nummer 9 huet d'Aufgab zwee C-Schläich, mat engem Verdeeler an der Lanz ze verbannen an iwwert d'Zillinn ze lafen.

D'ëscht Joer hu 60 Ekippen aus 22 Natiounen un dem Concours deelgeholl. Lëtzebuerg war mat 2 Ekippe vertrueden, dës haten sech am November 2024 aus 3 Ekippen dofir qualifizéiert. Bei den 20 Kanner waren och 4 Kanner vun de Lëntgener Pompjeeën dobäi, dës waren d'Maxi, de Mateo, de Scott an den Hugo, begleet goufen si vun hiren zwee Jugendleider dem Désirée a Sam. D'Kanner si fir d'Ekippe Lëtzebuerg 2 gestart.

An der Ekippe Lëtzebuerg 1 koumen d'Kanner aus den CIS'en Suessem-Déifferdeng, Diddeleng, Beetebuerg, Péiteng, Réiser a Weiler zum Tuerm.

Bei der Ekipp Lëtzebuerg 2 waren nieft dem CIS Lëntgen och nach Kanner aus den CIS'en Tënten, Feelen a Suessem-Déifferdeng vertrueden.

D'Resultater kënnen sech weise loossen an d'Kanner kënnen richteg Stol op hier Leeschtung sinn. Bei de gemëschten Ekippen, Meedercher a Jongen zesummen, si Lëtzebuerg 1 déi 14. vun 41 ginn a Lëtzebuerg 2 déi 28.

Nieft dem Concours an deenen 2 Trainingen hunn d'Kanner awer och nach vill aner Saache konnt maachen. Si waren d'Séien an der Géigend testen a goufe vun de Pompjeeën aus der Géigend mat erop an d'Bierger geholl. Et gouf eng offiziell Erëffnung a Clôture, mee och konnten déi 20 Kanner bei der Virstellung vun den Natiounen eist d'Land presentéieren. Hei hunn si gewise wéi mir bei de Pompjeeë schaffen a wéi schéin eist Land ass.

Allgemeng kann ee soen d'Kanner haten déi Deeg an Italien ee volle Programm, mee hire Spaass an d'gutt Laun hunn si selte verluer. Den Aussoe vun de Kanner no huet et hinne super gefall a si si frou dat si d'Éier haten eist d'Land esou gutt konnten ze verrieden.

Elo hunn si sech hier Vakanz méi ewéi verdéngt an da geet et no der Summerpaus erëm weider mat dem Training. Well 2025 wëllen d'Kanner sech fir den internationale Concours 2026 zu Berlin qualifizéieren.

Artikel: Herschbach Sam

Fotoen: Herschbach Sam & Thilgen Désirée



Semeurs de Joie – Assemblée générale



L'assemblée générale de l'ONG Semeurs de Joie a eu lieu le lundi 29 avril 2024 à la salle paroissiale de Lintgen.

Le président, Monsieur Thierry Ducamp a ouvert la réunion en souhaitant la bienvenue aux nombreux membres et sympathisants présents.

Le président a présenté le rapport d'activité de l'année 2023.

Le président a fait le point sur les projets.

En 2023 les SDJ ont soutenu

- République Démocratique du Congo – Projet de formation agricole

Objectifs du projet : formation agricole pour jeunes et vulgarisation des techniques agricoles pour les paysans à Kamutanga et environs, Province du Kasai Occidental en République Démocratique du Congo.

En 2023, 129 jeunes étaient en formation universitaire dans les filières agroforesterie et sciences de l'éducation. Parmi ces 129 jeunes, 11 étaient en dernière année et ont obtenu leur diplôme de Master (bac +5), 5 en agroforesterie et 6 en sciences de l'éducation.

Les 6 jeunes diplômés en sciences de l'éducation ont déjà intégré les écoles primaires de la région comme enseignants. Ceci permet d'améliorer la qualité de l'enseignement dans les écoles primaires et donc donner une meilleure éducation aux enfants. Une des raisons pour le manque de qualité dans l'enseignement primaire est le manque d'enseignants qualifiés.

Les 5 jeunes diplômés en agroforesterie ont également reçu un petit support pour démarrer leur ferme dans leur village. Le partenaire a confirmé que la présence des agronomes formés qui ont organisé des formations pour les paysans sur les techniques agricoles modernes a augmenté les productions de légumes et de fruits ce qui améliore l'apport en vitamines des enfants et diminue la malnutrition. Certains ressortissants se sont lancés dans la pisciculture ou l'élevage de poulets, chose peu faite jusque-là dans cette région. Le projet se déroule bien et les activités sont réalisées comme prévu.

(part SDJ 15.000€).

- Mali - projet de réinsertion socio professionnelle des jeunes à risque

Objectifs du projet : réinsertion socio professionnelle des jeunes à risque à Ségou au Mali.

En 2023, les 80 apprenants ont suivi les cours pour leur 2ème année de formation dans des métiers divers comme la coupe-couture, la mécanique auto, la menuiserie, etc. Les formations se font dans des centres de formation et chez des maîtres artisans.

Le défi que le partenaire malien a dû relever en 2023, c'est la hausse de prix généralisée qui, comme ailleurs dans le monde, n'a pas épargné le Mali. Ils ont pu réaliser les activités du projet comme prévu. Ils ont cependant dû diminuer un peu le matériel didactique. Les apprenants ont quand-même pu avancer dans leur formation comme prévu.

(part SDJ 24.000€ – intégralité du projet).

- Ukraine - Aide humanitaire dans le cadre du conflit

Nous avons organisé une collecte de matériel informatique en faveur de l'Ukraine.

En 2024 les SDJ vont soutenir le projet

- Rwanda – Projet de Maison Shalom au camp de Mahama

Objectifs du projet : financer l'éducation scolaire des réfugiés burundais et congolais au camp de réfugiés Mahama au Rwanda.

En 2024, 60 élèves seront scolarisés en école secondaire et 200 jeunes seront formés professionnellement en menuiserie, coupe et couture, gastronomie, art du cuir, opérateur de machines lourdes, etc.

(part SDJ 15.000€).

En l'absence du trésorier Monsieur Georges Herr excusé, la vice-présidente, Madame Monique Krier, a ensuite présenté le bilan financier au 31 décembre 2023. Les réviseurs de caisse, Messieurs Horst Bieser et Venant Krier n'avaient pas d'objection et ont donné décharge au trésorier.



Décharge a été ensuite donnée au Conseil d'Administration par acclamation.

Messieurs H. Bieser et V. Krier acceptent de continuer leur charge de réviseur de caisse pour 2024.

L'article 12 des statuts de l'ONG prévoit que les membres du Conseil d'Administration sont élus pour deux ans. Quatre membres étaient sortants cette année : Thierry Ducamp, Georges Herr, Eric Sauer et Charel Thies. Tous ces membres sont rééligibles et ont été réélus par acclamation.

Monsieur Louis Pinto, bourgmestre, a pris la parole pour se réjouir, au nom de la commune, du travail des Semeurs de Joie et pour les encourager dans leur engagement.

A l'issue de la réunion, le président, au nom du Conseil d'Administration, a remercié l'assemblée et l'a invitée à un verre de l'amitié en précisant que ce verre de l'amitié est offert et financé par les membres du Conseil d'Administration.

Composition du Conseil d'Administration suite à l'Assemblée Générale ordinaire du 29/04/2024

Président : Thierry DUCAMP, L-7450 LINTGEN

Vice-Présidente : Monique KRIER, L-7456 LINTGEN

Caissier : Georges HERR, L-7447 LINTGEN

Membres :
Andrée HANCK, L-7447 LINTGEN
Albert MOLITOR, L-7432 GOSEL DANGE
Silvana PARISOTTO, L-7447 LINTGEN
Eric SAUER, L-7450 LINTGEN
Charles THIES, L-7447 LINTGEN

Semeurs de Joie – Generalversammlung



E Méindeg, den 29. Abrëll 2024 huet d'ONG Les Semeurs de Joie zu Lëntgen am Parsall hir Generalversammlung ofgehal.

De President Thierry Ducamp huet d'Veersammlung opgemaach an déi vill Memberen a Sympathisanten am Sall begréisst.

Als éischt huet de President den Aktivitéitsbericht vum Joer 2023 virgelies

an d'Projete vun 2023 presentéiert:

- E landwirtschaftleche Projet an der Demokratescher Republik Kongo. D'Objektiv vum Projet ass d'landwirtschaftlech Ausbildung fir Jugendlecher a d'Vulgarisatioun vun de landwirtschaftlechen Technike fir d'Bauern aus der Émgéigend vu Kamutanga an der Provënz Kasai Occidental an der Demokratescher Republik Kongo.

2023 waren 129 Studenten op der Uni an der agrar- a forstwirtschaftlecher Sektioon an op der erzéigungswissenschaftlecher Sektioon. Dovunner waren der 11 am leschte Joer an hunn hire Masterdiplom (Bac+5) kritt.

Déi 6 jonk Diploméiert an Erzéigungswissenschaften si schonn als Enseignante an de Primärschoule vun der Region ugestallt, wat d'Qualitéit vun de Kanner hirer Erzéigung verbessert. De Mangel u qualifiziertem Schoulpersonal ass nämlech eng vun den Ursaache vun der schlechter Qualitéit vun de Primärschoulen.

Déi 5 jonk Diploméiert an Agrar- a Forstwirtschaft hunn och eng Starthëllef kritt fir hire Bauerebetrib an hirem Duerf opzebauen. De Partner huet bestätegt, dass d'Präsenz vun Agronomen, duerch d'Vermëttlung vu moderne Landwirtschaftstechniken un d'Bauern, d'Produktioun vu Geméis an Uebst verbessert huet.

Dëst erméiglecht natierlech eng méi gesond a vitaminn-
räich Ernährung vun de Kanner.

E puer vun de jonke Baueren hunn ugefaang, Fësch
oder Hénger ze zichten, wat bis elo an dëser Géigend
net üblech wor.

Dëse Projet leeft gutt an entsprécht den Erwaardungen.
(Kontributioun Sdj): 15.000 EURO)

- Sozioprofessionell Réinsertioun vu gefäerdete Jugend-
lechen zu Ségou am Mali.

2023 ass schonn dat zweet Joer wou 80 Jonker eng
Beruffsausbildung wéi Schneider, Automechaniker,
Schräiner asw. entweder an engem Ausbildungszentrum
oder beim Handwierksmeeschter maachen. De Partner
am Mali war 2023 speziell gefuerdert duerch déi
allgemeng Präisdeierecht, déi, wéi iwwerall an der Welt,
och de Mali net verschount huet. Si konnten awer de
Projet wéi geplangt duerchféieren. Si hu just missen
d'didaktescht Material reduzéieren, mee d'Schüler
konnten an hirer Formatioun virukomme wéi virgesinn.

(Kontributioun Sdj): 24.000 EURO-de ganze Projet)

- Humanitär Hëllef am Kader vum Ukrainkrich.

Mir hu fir d'Ukrain eng Kollekt vun Informatikmaterial
gemaach.

Am Joer 2024 ënnerstëtzen d'Sdj am Ruanda de Projet
vun der Maison Shalom am Flüchtlingscamp vu Mahama
wou Flüchtlingen aus dem Burundi a Kongo eng Schoul-
a Beruffsausbildung kréien.

2024 gi 60 Schüler am Secondaire forméiert an 200
Schüler kréien eng Beruffsausbildung als Schräiner,
Schneider, Kach, Schouster, Maschinnemechaniker asw.

(Kontributioun Sdj): 15.000 EURO)

Well den Tresorier, den Här Georges Herr, entschëllegt
war, huet d'Vizepresidentin, d'Madamm Monique Krier,

de finanzielle Bilan vum 31. Dezember 2023 virgedroen.
D'Keeserevisoren, d'Hären Horst Bieser a Venant Krier,
hate keng Objektioun ze maachen, an den Tresorier krut
d'Decharge.

Duerno krut och de Verwaltungsrot d'Decharge duerch
Acclamatioun.

Déi Häre Bieser a Krier huele weider fir 2024 hir Charge
als Keeserevisoren un.

Den Artikel 12 vun de Statute gesäit vir, dass d'Membere
vum Verwaltungsrot fir 2 Joer gewielt ginn. Dëst Joer
trieden esou 4 Memberen aus: Thierry Ducamp, Georges
Herr, Eric Sauer a Charel Thies. Sie all stinn erëm zur Wal
a sinn duerch Acclamatioun erëmgewielt ginn.

Den Här Buergermeeschter Louis Pinto huet duerno
d'Wuert ergraff fir sech am Numm vun der Gemeng iwwer
d'Aarbecht vun de Semeurs de Joie ze freeën a si an hirem
Engagement z'encouragéieren.

No der Versammlung huet de President am Numm vum
Verwaltungsrot der Versammlung Merci gesot an si op e
Patt invitéiert, deem -wuel bemierkt- vun de Membere
vum Verwaltungsrot finanzéiert ginn ass.

Zesummesetzung vum Verwaltungsrot no der General-
versammlung vum 29. Abrëll 2024:

President: Thierry DUCAMP, L-7450 LINTGEN

Vize-President: Monique KRIER, L-7456 LINTGEN

Tresorier: Georges HERR, L-7447 LINTGEN

Memberen: Andrée HANCK, L-7447 LINTGEN

Albert MOLITOR, L-7432 GOSEL DANGE

Silvana PARISOTTO, L-7447 LINTGEN

Eric SAUER, L-7450 LINTGEN

Charles THIES, L-7447 LINTGEN



Rousen fir 28 Gebuertsdayskanner am Home pour personnes âgées Saint-Joseph

All Pensionären a Schwestern aus dem Home Saint- Joseph vu Miersch, déi tëschent dem 26. Abrëll an dem 18. Juli gebuere goufen, sinn am Kader vun enger gemeinsamer a flotter Gebuertsdaysfeier mat enger Rous geëiert ginn. Et war gläich di drëtt Veranstaltung fir dës Joer, déi zesumme mat de Membere vun de Familljen organiséiert ginn ass. D'Gemenge vu, Colmer- Bierg, Helperknapp, Lëntgen, Miersch a Noumer ware vertrauden duerch Isabelle Wickler, Jean- Claude Mathekowitsch, Jos. Consbrück, Romain Miny, Willy Vullers a Sophie Diderrich. Am Numm vun der Direktioun a vum ganze Personal mat der Schwester Paule Detampel, huet den Home-Direkter Nicky Wintringer allen 28 Jubilare mat enger schéiner Rous gratuléiert a weiderhin och eng gutt Gesondheet an een zefriddent Joer gewënscht. No enger Coupe Cremant war et den Entertainer Rom Thielen, deen de ganzen Nomëtteg iwwer mat flotter Ënnerhalungs- an Danzmusik fir super Stëmmung am festlech gerëschte Sall gesuergt huet. Héichpunkt vun dëser Gebuertsdaysfeier war ouni Zweifel d'Opschneide vum grouse Gebuertsdayskuch. D'Jubilare waren: Marie-Louise Felten (71 Joer, Liliane Fellens- Serres (78), Jean- Baptiste Kontz (79), Raymond Soisson (81), Valérie Hoss- Jung an Georgine Lahr- Wiesen (82), Jeanny Kinarian- Laux an Marga Thiry- Dennewaldt (83), Madelaine Wanderscheid (84), Georgette Heck- Herber an Sr. Béatrice Hourscht (85), Marcel Gengler an Josée Schmit- Lecomte (86), Agnès Schwitz- Bach (87), Sr. Bertha Feiereisen, Elise Fischbach- Fettes an Irène Legay (88), Josette Hausemer- Steichen an Hannerlore Spielmann- Krepper (89), Marie Madeleine Diederich- Ludes an Marie Pauline Schellen- Reisen (90), Suzanne Lorse- Weyland (91), Josephine Van der Weken- Nols (92), Alice Muller- Heiderscheid (93), Léonie Victor- Geisen (94), Léonie Miny- Heck (96), Félicie Bohler- Weisgerber (98) an Catherine Thill- Backes (100). All Jubilare si mat engem kräfftigen „Happy Birthday“ geëiert ginn. Bei engem schmackhaften Oweessen huet dës flott Feier a gudder Gesellschaft hire wärdigen Ofschloss fonnt.

Mywort by Luxemburger Wort - Veröffentlicht am Montag, 22. Juli 2024

Text a Foto: Charles Reiser



Dräifach Abschiedsfeier an der Par

De 6. Juli huet d'Par Miersch Saint-François* dem Abbé Tristan Häcker Äddi a Merci gesot. Virun aacht Joer ass hien an d'Par komm, deemools nach als Seminarist an huet schonn en Deel vu senger praktescher Ausbildung hei gemaach. De 24. Juni 2017 war seng Diakonatswei, an den 28. Abrëll 2018 seng Priisterwei. Dunn ass hien als Kaploun an der Par bliwwen an dat och nodeem hien den 1. September 2023 seng Nominatioun als Paschtouer kritt huet. Zäitgläich huet hien zu München nach en Zousazstudium am Kiercherecht gemaach.

Den Tristan Häcker huet zu Lëntgen gewunnt an et war och hei wou hie fir säin Asaz an der Par geëiert ginn ass. Den Owend huet ugefaange mat enger Mass, déi de Paschtouer-Moderator Félix Steichen, assistéiert vum Paschtouer Pierre Habarurema, vum Kaploun Jakob Zeilinger, vum Seminarist Cedric Latz, vum Tania als Massendénger an natierlech vum Tristan Häcker gefeiert huet.

Den Abbé Steichen huet a senger Priedegt déi vill Aarbecht, déi den Tristan Häcker trotz där duebeler Belaaschtung gemaach huet, ervirgehewen.

D'Abschiedsfeier war awer net nëmmen zu Éiere vum Tristan Häcker: Gläichzäiteg sinn d'Damme Conny Faber-Maas a Gertie Didelot-Schoen, déi als Katechetinnen an der Par aktiv waren an elo mat hirer Fonctioun ophale gefeiert ginn. De Félix Steichen huet och hinne Merci ge-

sot an huet betount, datt et net einfach ass si z'ersetzen. No esou enger Woch mat elauter Abschieder ass et eng Erausforderung, fir sech nei z'organisieren. Op d'mannst fir den Tristan Häcker ass awer schonn e Successeur am gaangen sech anzuschaffen: De Kaploun Jakob Zeilinger, deen de 27. Abrëll zum Priister geweit ginn ass an deen no senger Heemechtsprimiz zu Wien den 9. Juni eng No-primiz zu Miersch gefeiert huet.

D'Mass ass encadréiert gi vun engem Ensembl vum Sängerinnen a Sänger aus de Chorale vun der Par, vum Marc Loewen dirigéiert a vum Luss Steffen op der Uergel beleet. Grad ewéi déi kollektiv Leeschtung vum Chouer huet och den individuelle Virtrag vum Cedric Latz, deen e Psalm gesongen huet, impressionéiert.

Den Tristan Häcker huet déi aacht Joer an der Par Miersch als éischt Schrëtt, als „Gehversuche“ a sengem Berufsliewe bezechent a verséichert, datt déi Zäit hie fir ëmmer präge wäert. Hien huet all deene Merci gesot, déi enk mat him zesummegeschafft hunn an och all deenen, déi déi feierlech Abschiedsmass virbereet an duerchgefëiert hunn. Fir ofzeschléissen huet hien seng Mercie mat enger Formel aus der Regioun wou hien säin Zousazstudium gemaach huet, ausgedréckt: „Vergelt's Gott“. An d'Communautéit huet hire Merci mat engem laangen Applaus ausgedréckt.



No der Mass huet d'Gemeng op eng Receptioun an de Veräinssall invitéiert. Hei hunn de Buergermeeschter Louis Pinto an de President vun der Kierchefabrick Lëntgen a vum CGP (Parverwaltungsröt) Miersch am Kierchefong, Paul Derkum, dem Abbé Häcker Merci gesot an him vill Erfolleg a vill Satisfaktioun op senger neier Plaz, der Par Bartreng-Stroossen Saint-Jean-XXIII gewünscht.

Beim Patt, dee vun der Gemeng offrëiert gouf an engem Maufel, deen d'Dammen aus dem Parrot preparéiert hate konnt jiddereen dem Tristan Häcker nach perséinlech Äddi a Merci soen a säin Nofollger, de Kaploun Jakob Zeilinger, besser kennelëieren.

Text: Paul Derkum – Fotoen: Paul Provost



* D'Par Miersch Saint-François, déi duerch Décret archiépiscopeal vum 17/04/2017 am Kader vun enger landeswäiter Reorganisatioun vun de Paren entstanen ass, begräift déi fréier Pare Miersch (mat de Filialkierche Biereng, Recken, Rolléng a Schëndels), Miesdref (mat der Filialkierch Pëtten), Fëschbech (mat der Filialkierch Schous), Lëntgen (mat der Filialkierch Goussel), Luerenzweiler (mat de Filialkierche Boufer an Hënsdref) a Blaschent. D'Filialkierch Angelsberg vun der fréierer Par Meesebuerg ass vun där ofgetrennt ginn a gehéiert och zur Par Miersch Saint-François. D'Kierch vu Meesebuerg, an der Par Mëlldall Saint-Michel, ass duerch eng Konventioun der Par Miersch Saint-François zur Verfügung gestallt ginn.

Virun 100 Joer: Industriegebitt op der Haaptstrooss

(Suite vum Artikel am leschte Gemengebuet)

1924: Emailux (1934 Hélios)

Den 19. Februar 1924 ass d'Gesellschaft „Emailux, ateliers de fonderie, d'émaillerie et de construction“ gegrënnt ginn.

D'Aktionäre vun der „Société Anonyme Fonderie Nilles“ hunn d'Géisserei mam Terrain (Gemengebuet Nr 42), an d'Proprietäre vun der Gesellschaft Gustave Kalbfleisch & Cie hunn hir Clientèle, hir maschinell Installatioun an hir Wueren an d'Gesellschaft bruecht. Den Nicolas Weiler-Bausch huet en Terrain géintiwwer der Géisserei Nilles an d'Gesellschaft bruecht a weider Aktionären hunn sech bedeelegt. Esou konnt déi nei Fabrick tëscht der Haaptstrooss an der Eisebunn gebaut ginn.



Foto: industrie.lu

Zesumme mat der Géisserei vis-à-vis sinn um neie Site eng Rei vu Produiten hiargestallt ginn: Holz-, Kuelen- a Gaskachmaschinen fir privat a professionell Clienten, Kolonneniewen, Wäschkesselen, Stroossen- an Autoschëlde, gossen Dëppen, Daachfënsteren, Kanalisatiounsdeeler asw.



Annonce publicitaire Obermosel-Zeitung 31/12/1927

Duerch e Gesellschaftsakt vum 22. Dezember 1934 ass d'Emailux iwwergaangen an d'Hélios S.A..



Annonce publicitaire Broschür "50^e Anniversaire de la Fanfare de Lintgen", 1948

Ob am privaten Haushalt oder an der professioneller Grousskichen - d'Holz- a Kuele-Kachmaschine grad ewéi och d'Gas- an elektresch Apparate mat Schäffchen oder d'Gaskocher ware weiderhin e Begrëff wann et ëm d'Kachen, Broden a Bake gaangen ass. Dem Artikel vun 1949 an der Revue no ass ënner anerem an Holland, a Marokko, an Algerien an esouguer a Südafrika exportéiert ginn.

Och d'Schëlde an d'Autosplacke vu Lëntgen ware wäit verbreet. D'Hélios hat déi gréisste Galvanisierer-Anlag am Land. D'Veidränke ware bei de Bauere beléift, d'Eisebunn ass mat Bremsbake beliwert ginn a vill aner Goss-an Emailprodukter si fabrizéiert ginn.



Ëm 1950 ass mat der Produktioun vu Waarmloft-Heizungen ugefaange ginn. An de 1950-er Joren si gläichzäiteg och nach déi gewinnte Produiten ugebuede ginn, éier d'Fabrick sech no an no op d'Heizungen, déi grouss Reim séier opgehëtzt hunn, spezialiséiert huet. Sou sinn Hélios-Heizunge virun allem a Kierchen installéiert ginn, awer och Industrie-Halen, Atelieren, Kinoen an aner grouss Raimlechkeete si mat Heizungen op Mooss ekipéiert ginn. Iwwer de Grand-Duché eraus ass virun allem an d'Belsch geliiwert ginn.



Annonce publicitaire am Luxemburger Wort 02/06/1956

Nom Dout vum Ingénieur-Directeur Pierre Derkum 1975 ass d'Fabrick verkaaft ginn. Déi nei Aktionären hunn als Gesellschaftszweck d'Entwécklung an d'Fabrikatioun vu Kichen-, Heiz-, Sanitär- a Klimaanlagen ugin. Nodeem e puer Joer laang op de Bau vu schlëselfäerdegen Eefamilljenhaiser emgestallt gi war ass d'Gesellschaft 1979 opgeléist ginn. 2003 huet d'A.s.b.l. „Pro Actif“ sech um Site installéiert an e „Centre d'Orientation Socio-Professionnelle COSP a.s.b.l.“ organiséiert haut Formatioune fir Leit, déi um éischten Aarbechtsmaart net mathale konnten, sou datt si eng Chance kréien sech nees an de beruflechen Alldag z'intégrieren.

1924: Uergelfabrik

De 15. Abrëll 1924 huet den Emile Ketter-Kettenmeyer (Neengen Emil) zwee Terraine verkaaft: Een un de Georges Haupt, Uergelbauer, an een un de Joseph Fieth fir d'Gesellschaft „Orgelbauanstalt Georges Stahlhut, Inhaber Georges Haupt & Joseph Fieth“, déi deselwechten Dag gegrënnt gi war. Enn 1923, also scho virum notariellen Akt, war mam Bau vun der Fabrick ugefaange ginn. Am Oktober 1924 war de Bau fäerdeg, an d'Produktioun konnt ufänken.



Foto: Broschür „50^e Anniversaire de la Fanfare de Lintgen“, 1948

1932 huet de Joseph Fieth sech aus der Gesellschaft zrëckgezunn an de Georges Haupt huet se eleng geleet. 1933 ass eng Vergrëisserung vum Gebai an de Kadaster agedroe ginn. Bis den zweete Weltkrich sinn eng ganz Rei vun Uergele gebaut oder transforméiert ginn. An den éischten Joren nom Krich sinn haaptsächlech Krichsschied reparéiert ginn, et goufen awer nei Uergele gebaut.

Eng vun den Haupt-Uergelen aus der Nokrichszäit ass iwwregens fir déi Lëntgener Kierch gebaut ginn (1951), nodeem 1933 en Harmonium geliiwert gi war.

D'Uergelfabrik huet ville Lëntgener eng Aarbechtsplaz gebueden. Zwee vun hinne sinn 1952 fir laangjäreg Trei zur Firma geéiert ginn. De Joseph Sahr, deen d'Spilledescher gebaut huet, fir 27 Joer, an de Wierkschef Niki Loewen fir 25 Joer. Béid hate bis dohin un iwwer 100 Uergele matgebaut. Och den Ernest Leners an de Charel Wolff (Titt Charel) ware laangjäreg Mataarbechter.

1952 ass de Georges Haupt, deen als e genialen Uergelbauer beschriwwen gëtt, gestuerwen.

Seng Wittfra Jeanne Haupt-Weber, op déi d'Autorisation d'établissement provisoiresch iwwerdroe gi war, huet hir Neveuen Hermann a Charles Haupt an de Betrib geholl. Nodeem den Hermann Haupt d'Firma 1957 nees verlooss hat, ass eng nei Gesellschaft „Manufacture d'orgue luxembourgeoise Georges Haupt, successeur Charles Haupt et Cie, société en commandite simple“ gegrënnt ginn, un déi d'Jeanne Haupt-Weber hir Rechter iwwerdroen huet.

1963 huet déi Gesellschaft Faillite gemaach an d'Fabrick ass versteet ginn. De Pneuenhändler Auguste Mreches ass neie Proprietär ginn. De Fachmann mat Meeschterprüfung Niki Loewen, deen sech 1955 als selbststännegen Uergelbauer etabléiert hat, ass nees an d'Uergelfabrik zrëckkomm, an den Auguste Mreches huet zesumme mat him d'Gesellschaft „Fabrique d'Orgues de Lintgen, s.à r.l.“ gegrënnt.

Nom Niki Loewen huet den Herbert Schmidt, deen zanter 1955 an der Fabrick war, déi technesch Direktioun iwwerholl. Wéi dësen d'Meeschterprüfung gemaach hat a sech als selbststännegen Uergelbauer zu Miersch etabléiert hat, huet de Georges Westenfelder 1969 déi technesch Leedung iwwerholl.



Foto: Luxemburger Wort 21/10/1967

Och wann déi meeschten Uergelen a Lëtzebuenger Kierchen installéiert gi sinn, gouf et eng Clientèle iwwer d'Grenzen eraus. 1973 ass esouguer eng Uergel op Hiroshima a Japan geliwwert ginn.

1986 huet den Auguste Mreches d'Fabrick un d'Manufacture d'Orgues Luxembourgeoise Westenfelder verkaaft. 2011 huet dem Georges Westenfelder säi Fils Andreas de Betrib iwwerholl.

2020 huet den Andreas Westenfelder mam Betrib opgehalen an d'Gebäilechkeeten, déi als nationaalt Monument klasséiert sinn, goufe verkaaft. No Transformatiounsarbechten soll déi fréier Fabrick eng nei Notzung kréien, mat engem Restaurant, Butteker an engem Concerts- a Festsall.

Net nëmmen hei am Land,
vu Harel bis op Waasserbëllig
a vu Dienjen bis op Esch-Uelzecht,
stinn déi beschbekannt Lëntgener Uergelen.
Och an villen aner Länner hu' mer
zenter Joren eis Kliëntel.

**Manufacture
d'Orgues Luxembourgeoise s.à.r.l.**
ORGELFABRIK
Construction d'orgues de conception classique et contemporaine -
Expertises et conseils compétents - Entretien et Réparations
Téléphone 3 23 45

Annonce-publicitaire Broschür „Chorale Ste-Cécile Lintgen,
50^e Anniversaire, 1982

Verbesserung an Ergänzung zum Bättrag am leschte Gemengebuet (Géisserei Nilles): 1923 ass en Terrain vum Jean-Pierre Stoltz-Theis (an net Stoffel) kaaft ginn. Deen Terrain huet virun 1918 zum Heuardt-Haus gehéiert.

Am nächste Gemengebuet: Feilefabrick (1926, vun 1953 u Faarwefabrick Steinhäuser) a Betonsfabrick Wolmering (1929).

Quellen:

Emailux-Hélios an Uergelfabrick

- N.N.: *Das Fabrikviertel von Lintgen, 50^e Anniversaire de la Fanfare de Lintgen, 1948*

- Jean-Pierre Wiltgen: *Die Industrieortschaft Lintgen, Fanfare de Lintgen, 60^e Anniversaire, 1958*

- Archive vun der Kadasterverwaltung

Emailux-Hélios

- *Mémorial-Recueil spécial No 8 du 10/01/1924*

- *Grënnungs-Aktionäre vun der Emailux (Mémorial No 8 vum 05/03/1924)*

- *Lintgen - Centre luxembourgeois de l'industrie des transformations métalliques, L'Echo de l'Industrie n° 19, 1947*

- „Luxemburger Kochherde - Hélios-Produkte brennen sogar in Südafrika“, *Revue 45/1949*

- „Verkehrs-Schilder“, *Revue 48/1956*

Uergelfabrick

- *Notizen am Escher Tageblatt vum 25/10/1923 an am Luxemburger Wort vum 07/12/1923-31/10/1924*

- *Mémorial-Recueil spécial N° 21 du 23/04/1924*

- *Eierung vu laangjäregere Maraarbechter - Notiz am Luxemburger Wort vum 08/02/1952*

- „Königin aller Instrumente“ - *die Orgel, Revue 52/1954*

- „Kulturpolitik um einen Orgelbauer“, *d'Lëtzebuenger Land 28/09/1962*

- „Trauer um eine Fabrik“, *Luxemburger Wort 02/10/1962*

- „Die Orgelfabrik in Lintgen“, *Luxemburger Wort 21/10/1967*

- „Eine luxemburgische Orgel nach Japan“, *Luxemburger Wort 06/11/1970*

- „Einweihung einer Lintgener Orgel in Hiroshima“, *Luxemburger Wort 02/05/1973*

- *Emile Gruber: Orgelfabrik, L.C.G.B. Lëntgen-Luerenzweiler, 70 ten Anniversaire, 1997*

- *Guy Ehmann: Vor 50 Jahren starb Orgelbaumeister Georges Haupt, Gründer der Lintgener Orgelfabrik, Luxemburger Wort - Die Warte 13/02/2002*

- N.N.: „Georges Haupt (1881-1952)“, *Gemengebuet Nr. 4 - September 2006*

- *Bernard Thomas: Point d'orgue - La mort annoncée de la Manufacture d'orgues luxembourgeoise et son sursis miraculeux, d'Lëtzebuenger Land 14/12/2018*

- *Patrick Colombo: Et wor emol... eng Uergelfabrik zu Lëntgen, Canticum Novum 2/2021*

- *Uergelfabrik.lu*

- *Frank Weyrich: Es kommt wieder Leben in die „Uergelfabrik“, Luxemburger Wort 20/02/2024*



BICHERBUS 2024 - 2025

September - Februar

wuer a wéini kënnt de Bicherbus

DONNESCHDES T 13

Koplescht	10:00 - 10:45	26. September
Kielen	11:00 - 11:30	17. Oktober
Biissen	13:30 - 14:00	07. November
Kruuchten	14:10 - 15:00	28. November
Lëntgen	15:15 - 16:00	19. Dezember
		23. Januar
		13. Februar

BEAT meets WINE and DINE

SAVE THE DATE

Nei Location : A Mouschelt

Liveband vu München

MIDNIGHT LADIES ★

Freides, 07. Februar 2025



Kulturkommissioun vun der Gemeng Lëntgen Commission des Affaires Culturelles Lintgen

Maacht mat beim
Foto - Concours
fir de Kalenner 2025

Participez au
Concours photos
pour la réalisation
du calendrier 2025

Thema

Déi 4 Elementer
(d'Äerd, d'Waasser, d'Loft, d'Feier)
an a ronderëm der
Gemeng Lëntgen
(an engem Ëmkrees vun 10 km
vum Gemengenhaas gekuckt)

Thème

Les 4 éléments
(la terre, l'eau, l'air, le feu)
dans et autour de la
commune de Lintgen
(dans un rayon de 10 km
par rapport à la mairie)

Schéckt Är Biller, mindestens 3 awer net méi
ewéi 8, op elektronischem Support am
„landscape“-Format, JPG minimum
4000 x 6000 Pixelen, **mat de
Metadaten wéinst der Lokalisatioun**, op
d'Gemeng oder per Mail op
„kultur@lentgen.lu“.

Mat dem Deelhuelen un dësem Concours
erkläert déi Persoun, dass si den Auteur
vun de Fotoen ass an dermat averstanen
ass, dass dës Fotoen, ouni Entgelt an
ouni Aschränkungen, vun der Gemeng
Lëntgen däerfe publizéiert ginn.

De leschten Dag, fir seng Fotoe mat Numm
an Adress eranzereechen, ass
den 31. Oktober 2024.
Déi beschte Fotoe ginn am Dezember 2024
ausgestallt a präméiert.

Envoyez au moins 3 et au maximum 8
photos, sur support électronique au format
„landscape“, JPG minimum 4000 x 6000 px,
**avec les méta-données pour la
localisation**, soit à la
maison communale soit par courriel à
l'adresse „kultur@lentgen.lu“.

En participant à ce concours, la personne
participante déclare être l'auteur des
photos et céder le droit de publication
sans restriction et sans rémunération à
l'administration communale de Lintgen.

Le dernier jour du dépôt des photos
avec nom et adresse sera
le 31 octobre 2024.
Les meilleures photos seront exposées
et primées au mois de décembre 2024.





Commission des Affaires Culturelles Lintgen

Kenns du deng Gemeng 2.0?

An dësem Gemengebuet fänke mer eng nei
Rei "Kenns du deng Gemeng" un

Lëntgener Schrëftsteller-Quiz

Hie gouf zu Lëntgen gebuer an ass an der Stad gestuerwen.
